



zoustänneg ass, hu mer da präziséiert fir déi Jore virdrun, wann do nach en Doute bestanen hätt, dass d'CSSF zoustänneg ass.

Entschëllegt, wann ech e bëssen an den Detail gaange sinn! Domat wollt ech soen: Hei ass kee pertinent Beispill, fir ze soen, dass mer en retard sinn. Ech wëll net soen, dass dat ni geschitt! Dat geschitt heiansdo! An dat versiche mer ze ënnerbannen. Mä konkret ass hei u sech, wat e Retard ubelaangt, näischt geschitt. An ech freeë mech, dass mer dofir och dann e Konsens hei hunn.

Merci, Här President.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Finanzminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7349. Den Text steet am Document parlementaire 7349⁶.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7349 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7349 ass mat 57 Jo-Stëmmen géint 2 Nee-Stëmmen ugehall.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7349 est adopté par 58 voix pour et 2 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par M. Claude Wiseler), Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

4. 7440 - Projet de loi portant modification

1° de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ;

2° de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement secondaire ;

3° de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental ;

4° de la loi modifiée du 26 février 2016 portant création d'une école internationale publique à Differdange ;

5° de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées

Mir kommen elo zum Projet de loi 7440 iwwert de Stage vun den Enseignanten. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Martine Hansen, d'Madamm Tess Burton, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Fernand Kartheiser, den Här David Wagner an den Här Sven Clement.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

► **M. Gilles Baum (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen: „The teacher matters.“ Oder op Däitsch: „Auf den Lehrer kommt es an.“ Dat ass e Saz, mengen ech, deen alleguerten d'Enseignanten an d'Studente kennen. Dat Zitat staaamt vum renommierten Erziehungswissenschaftler, dem Neiséilänner John Hattie, deen a sengem Buch „Visible Learning“ eng Metaanalys gemaach huet iwwert den Afloss vun enger ganzer Rei vu Facteuren op de schouleschen Erfolleg vun engem Kand, vun engem Schüler. D'Konklusioun ass, dass et effektiv nach ëmmer haapt-sächlech op den Enseignant ukënnt. Dat schéngt evident. An ech mengen, dat ass och keng grouss Iwwerraschung.

Dobäi ass den Enseignant scho laang net méi nëmmen e rege Wëssensvermittler, dee säi Wësse vun uewen erof an d'Käpp vun de Kanner wéi duerch en Triichter eraschétt. D'Roll vum Enseignant ass mëttlerweil vill, vill méi diversifizéiert.

D'Aufgabe sinn natierlech op der enger Säit schoulescher Natur. Hien ass e Wëssensvermittler an en ass e Wëssenspräier. Op där anerer Säit gëtt et awer mëttlerweil eng ganz Rei Aufgaben, déi am ausserschoulesche Beräich ze fanne sinn. Haut ass den Enseignant och e Mediateur an e Moderator, en ass en individuellen Ennerstëtzer an der Klass, e kann en Assistant social sinn, en ass e Psycholog an en ass e Famillieberoder an et ass een, dee ganz, ganz oft muss encouragéieren. A gleef mer et, ech schwätzen aus Erfahrung: Et ass och een, dee ganz, ganz oft muss tréischen.

Déi verschidde Rollen, an déi en Enseignant an der Klass sprange muss, déi verdäitlechen am beschten, wéi villsäitig de Beruff ginn ass. Vun der Verantwortung vis-à-vis vun de Kanner, vis-à-vis vun den Elteren a vis-à-vis vun der ganzer Gesellschaft guer net ze schwätzen.

Besounesch usprochsvoll sinn awer déi éischt Joren. Dat ass net nëmme bei engem Enseignant esou, dat ass an alle Beruffer esou. Déi éischte Kéier, wou een dat, wat ee geléiert huet, sief dat am Lycée, sief dat op der Uni, sief dat op der Héichschoul, an d'Praxis muss ëmsetzen, dat ass e ganz spannenden Exercice. An de Sprong an d'kaalt Waasser, dee muss sinn, och wann een am Ufank ëmmer e bësse struewelt.

Ech ka mech nach ganz gutt drun erënneren, wéi ech meng éischt Klass hat zu Rued-Sir, dat war 1995, en zweet Schouljoer mat 13 Kanner. Dat war en éischt Schouljoer, wat iwwer 26 gaangen ass, duerfir sinn déi opgedeelt ginn. Ech hat Chance. An deen éischte Moment, wou een natierlech seng eege Klass huet, dat vergësst een ni! Wat mech zwar méi geprägt huet, dat war meng zweet Rentrée dat Joer drop. Firwat dat esou ass, dat behalen ech léiwer fir mech.

(Brouhaha)

Ëmsou méi wichteg ass et, dass een nieft dem Studium och e gelongen an hëllefträiche Beruffseinstig kann duerchlafen. A genau dorëms geet et bei dësem Projet de loi, Kolleeginnen a Kolleegen: Et geet ëm eng Beruffsaféierung, déi d'Enseignanten an den éischte Joren ënnerstëtzt.

Här President, ier ech op déi eenzel Verbesserung vum Gesetzesprojet ze schwätze kommen, erlaabt mer wannechgelift, de Projet a säi Kontext ze setzen!

Wéi Der wësst, huet d'Regierung mat der CGFP de 15. Juni d'lescht Joer en Accord iwwert den Avenant zum Gehälteraccord an der Fonction publique fonnt. Doraus ervirzestrichen ass sécherlech d'Ofschafe vun der 80-80-90-Regel an déi allgemeng Reduktioun vum Stage an der Fonction publique vun dräi op zwee Joer. Déi eenzel Mesuren dovunner wäerten deemnächst mam Projet de loi 7418 och hei am Haus presentéiert an diskutéiert ginn.

Den Educationnsministère profitéiert vun der Geleeënheet, fir och nach eng Kéier seng Stagemodalitéiten op de Leescht ze huelen, fir engersäits der Spezifisitéit vum Enseignantsberuff gerecht ze ginn an anerersäits, fir se der spezi-fescher Grondausbildung vun den Enseignanten unzepassen. Esou solle Stagekonditiounen geschäfe ginn, déi, éischstens, keen double Emploi mat der initialer Grondausbildung duerstellen an, zweetens, eng reell Plus-value fir dee frësch gebakenen Enseignant duerstellen.

Ech wëll ervirsträichen, dass dee Package, deen ech lech elo virstellen, d'Resultat vun engem laangen a konstruktive Gespréich mat allen Akteuren ass. De Minister huet den Dialog an de

Konsens gesicht an en huet se fonnt. Esou goufen nieft de Gewerkschaften och déi Haapt-betraffe vum Gesetz, nämlech d'Vertrieder vun de Stagiairen, consultéiert. An ech hu mer soe gelooss, et hätt eng grouss Kompromëss-bereitschaft op deenen zwou Säite ginn, fir zesummen no enger sënnvoller a flotter Léisung ze sichen. Et gouf sech op eng Rei Prinzipie géeenegt, wéi de Stage an d'Beruffsaféierung an Zukunft sollen ausgesinn.

Esou solle virun allem d'Kenntnisser an de Savoir-faire aus der Grondausbildung an Zukunft méi bei dësem Stage consideréiert ginn. Déi eenzel Formatioun solle besser op den Enseignant ofgestëmmt sinn, op seng Besoinen, op seng Interëten. Déi Formatioun soll besser op säi Profil zougeschnidde ginn. D'Formatioun sollen iwwerdeems virun allem formativ sinn, dat heescht manner zertifikativer Natur. Fir d'Beruffsaféierung ze vereinfachen, sollen déi nei Enseignanten och eng besser Hëllefstellung vun deene méi erfuerene Kollege kréien a schlussendlech ass et och d'Approche vum Life-long Learning, déi hei soll méi gefuerdert ginn. Dat sinn d'Haaptakzenter vun dësem Projet de loi.

Wéi gesäit dat elo konkret aus? Ech wëllt als Éischt op d'Dauer vum Stage agoen, ier ech da bei den Inhalt an d'Gewichtung vun de formativen an zertifikative Formatiounen kommen.

Dir wësst: Et gëtt an deenen ënnerschiddlechen Ordres d'enseignement relativ verschidde Cas-de-figures, well et eng ganz Rëtsch Intervenante gëtt mat ënnerschiddleche Grondausbildungen. Ech géif duerfir jeeeweils de Regelfall, also de Parcours vum Fonctionnaire A2 am Fondamental an dee vum A1 am Secondaire beschreiwen. De Rescht géif den zäitleche Kader vu menger Ried sprengen. Ech verweisen awer gären op de schréffleche Rapport an och op den Tableau, dee mer an der Educationnskommissioun ausgedeelt kritt hunn an deen och um Portail verdeelt ginn ass an deen Der do kënnt kucken, wann et lech interesséiert.

Am Fondamental geet de Stage elo, wéi am Rescht vun der Fonction publique, vun dräi op zwee Joer erof. Ech erënneren drun, dass mer dat schonn d'lescht Joer am IFENs-Gesetz esou ugepasst hunn, dass en ausgebildeten Enseignant, dee véier Joer Etüde gemaach huet an dovunner mindestens 20 Woche Stage an der Schoul gemaach huet, säi Stage vun dräi op zwee Joer reduzéiert kritt. Mat dësem Gesetzesprojet kann hir Stagezäit awer elo vun am Prinzip zwee Joer op ee Joer verkierzt ginn, wa si während hirer Grondausbildung eng Gesamtdauer vu mindestens 16 Woche Stage gemaach hunn. An ech mengen, dat dierft fir déi allerallermeescht de Fall sinn.

Och d'Stagiaren, déi den „certificat de formation pédagogique“ kruten - ech kommen duerno nach eng Kéier op deen ze schwätzen -, profitéiere vun där Reduktioun an hunn deemno nach just ee Joer Stage.

D'Stagiaren, déi vun där Méiglechkeet kënne profitéieren, kréie fir dat lescht Joer en individuelle Formationsparcours zesummegeat, deen hire Kenntnisser an hire Besoine Rechnung dréit.

Am Secondaire hunn d'Fonctionnaire bis ewell eng Stagedauer vun dräi Joer gehat. Och hei gëtt d'Méiglechkeet vun enger Reduktioun vun engem Joer, dat heescht op zwee Joer, geschaaft, jee no Parcours a praktescher Erfahrung am Studiegang. Datselwecht gëllt iwwregens och fir de Sous-groupe éducatif a psycho-social.

Dir gesitt: Am Secondaire ass a bleift de Stage nach ëmmer ee Joer méi laang wéi am Fondamental. Am Secondaire gëtt e jo op zwee Joer gekierzt. Den Ennerscheid huet awer natierlech en frétege Grond, deen Der alleguer kennt: D'Enseignanten am Fondamental, déi ginn nämlech, wéi kaum aner Fonctionnaires, scho während hirer Grondausbildung spezifesch a praxisorientéiert op hire spéidere Beruffswee preparéiert. Deem wëll den Educationnsministère an Zukunft méi Rechnung droen.

Op där anerer Säit hu mer Fonctionnaires aus dem Secondaire, déi sech wuel an hirem Studium d'Fachwëssen ugëeegent hunn, mä déi awer normalerweis weíneeg oder guer keng pädagogesch an didaktesch Elementer mat op de Wee kruten. Aus deem Grond brauch et dann eben e weidert Joer am Secondaire, fir dat opzeschaffen.

D'Dauer vum Stage ass awer net alles. Vill méi wichteg ass dat, wat am Stage geléiert a vermittelt gëtt. Och hei kënnt et zu Verbesserungen am Interêt vum Stagiaire.

Fänke mer nees am Fondamental un! Bis elo ware 84 Stonne virgesi plus 24 Stonne Legislatioun. Dat gëtt an Zukunft anescht opgedeelt. An Zukunft gëtt et 30 Stonne Legislatioun an 30 Stonne praxisno Formatiounen au choix.

An der Formation générale kommen och zwou Thematiken derbäi, déi elo am Stage verdéift ginn: Dëst sinn eng Kéier de Volet vun Kanner-a Jugendschutz an op där anerer Säit den Date-schutz an de Volet vun den Droits d'auteur an den Droits des médias.

D'Legislatioun bleift déi eenzeg zertifikativ Epreuve am Stage. All déi aner Epreuve si reng formativer Natur. Och de Memoire an de Bilan de fin de stage ginn deemno fir d'Enseignanten am Fondamental ofgeschaaft.

Komme mer elo erëm eng Kéier zrëck bei de Secondaire! Och bei hinne besteet déi eenzeg zertifikativ Epreuve nach aus dem Legislatiounsexamen. Zu den Epreuves formatives während deenen zwee Joer gehéieren ënner anerem zwou schréfflech Produktiounen: zwee Bilans du portfolio an e Projet pédagogique de recherche-action. Och hei gëtt de Memoire ofgeschaaft.

Dir gesitt also, de Fokus vun deem neie Gesetz gëtt haupsächlech op déi formativ Epreuve geluecht. Manner Stress, manner Angscht, duerfir awer méi Zäit, fir sech an de Beruff eranzeknéien, a besounesch méi Zäit fir déi, ëm déi et am Endeffekt geet, nämlech ëm d'Kanner an déi Jugendlech!

Här President, nieft der Reduktioun vum Stage an der neier Gewichtung vun de formativen Epreuven ass eng weider Kärmeasure vun dësem Projet de loi d'„période d'approfondissement“, déi sech nom Stage un d'Beruffsaféierung vum Enseignant drunhänkt. Zu dëser neier Période d'approfondissement gehéieren eng Rëtsch formativ Formatiounen, awer och Hospitatiounen an den „regroupement entre pairs“, well den Austausch ënner jonken Enseignanten immens wichteg ass an immens vill bréngt.

D'Zil ass et, dem Enseignant d'Beruffsaféierung ze erlichten an hie bei sengen éischte Schrëtt als Enseignant ze ënnerstëtzen. Während där Zäit gëtt hien och vun engem méi erfuerenen Enseignant, engem sougenannten „conseiller pédagogique“, begleet an ënnerstëtzt. Wichteg ass, dass do Formatiounen, Begleitung an Echange ugebuede ginn, mä keng Exame méi do lafen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen dann elo zum Certificat de formation pédagogique, deen ech virdrun ugeschwat hunn. Am Fondamental suivéieren d'Chargés de cours vun der Réserve des suppléants während zwee Joer eng Formatioun iwwer op d'mannst 246 Stonnen. Dovunner sinn der 30 Legislatioun. Am zweete Joer kommen nach 30 Stonne Formation au choix derbäi. Well déi zertifikativ Elementer am Cycle de formation de début de carrière jo elo mat dësem Gesetzesprojet ewechfalen, kann een an Zukunft mam Certificat eng Dispens am Kader vum Fonctionnairesstage kréien. D'Passerell tëscht der Formatioun vun den Employées an de Fonctionnaire soll domat vereinfacht ginn.

Och am Secondaire soll d'Formatioun vun de Fonctionnaires an Employéé méi openeen ofgestëmmt ginn, fir allen Enseignanten déi beschtméiglech Konditiounen fir d'Beruffsaféierung ze bidden. Am éischte Joer vum Stage wäerte se déiselwecht Formatioun suivéiere wéi hir Fonctionnaireskolleegen. Dat heescht, si maachen och déi zertifikativ Epreuve iwwert déi 30 Stonne Legislatioun. Den Employé, deen duerno de Certificat de formation pédagogique an och de Concours packt, profitéiert deemno och vun der Reduktioun vum Stage vun engem Joer. D'Employéé kréien iwwregens och eng Personne de référence während hirer Stagezäit zur Säit gestallt.

Här President, ech wëllt awer och elo nach op d'Formation continue agoen. Et gëtt e ganz rezenten Arrêt vun der Cour administrative, deen déi reglementär Dispositiounen iwwert d'Formation continue vun den Enseignanten annulléiert huet. Dëse Projet de loi behieft déi Annulatioun, andeems en erëm eng legal Basis fir d'Formation continue schaaft. D'Enseignantë sinn also elo alleguerte gesetzlech gehalten, iwwer eng Period vun dräi Joer verdeelt am Ganzen 48 Stonne Formation continue ze maachen.

Fir déi Stagiaren, déi elo grad am Stage sinn, gesäit d'Gesetz natierlech Dispositions transitoires vir. Dat war e groust Uleies vun de Betraffenen, awer och vum Ministère. Allgemeng kann zu dësen Iwwergangsbestëmmunge gesot ginn: Wann dat neit Gesetz méi favorabel Konditiounen bitt wéi dat aktuell, da gëllen déi och fir déi Enseignanten, déi momentan am Stage sinn. Et soll keen duerch dëst Gesetz benodelegt ginn.

Här President, souvill zu de verschiddene Mesuren. Ech erspueren lech alleguerten d'Präzisiounen iwwert déi eenzel Dechargen an Indemnitéite vun deenen ënnerschiddlechen Akteuren. Dat fannt Dir alles am 154 Säiten décke schréffleche Rapport zrëck.



► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Gilles Baum** (DP), *rapporteur.*- De Statsrot huet sech besonnesch mat der neier Interpretatioun vum Artikel 23 vun der Verfassung beschäftigt. Effektiv huet d’Cour constitutionnelle elo rezent nach eng méi large Interpretatioun vun der Notioun vum Enseignement gemaach, soudass an Zukunft vill méi Dispositiounen am Detail wäerte mussen am Gesetz gereegelt ginn.

Wann ee bedenkt, dass een elo fir eng hallef Stonn Decharge muss iwwer e Projet de loi fueren, ech mengen, dat mécht d’Aufgab vum Ministère de l’Education nationale net méi einfach. An Dir wäert mech dann och nach méi oft hei uewe gesinn.

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

Dat ass gutt. Merci, Här Kartheiser.

Zum Schluss wéilt ech awer och nach e puer Mercie lassginn, engersäits der Kommissioun, de Kommissionsmembere fir hiert Versteedemech, well mer nom Avis vum Statsrot an der Kommissioun hu musse richtig Gas ginn, fir dat heiten nach virun der Sommervakanz duerch de Plenum ze kréien, anerersäits awer och dem Här Minister a senge kompetente Beamte fir hir Explikatiounen an hir Disponibilitéit. An erlaabt mer haut e ganz, ganz besonnesche Merci un eis Kommissionssekretärin, d’Madamm Joëlle Merges, déi an de leschten Deeg awer ënner engem ganz, ganz groussen Zäitdruck geschafft huet.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Gilles Baum** (DP), *rapporteur.*- Här President, ech sinn der Meenung, dass dat heiten e ganz gutt Gesetz ass, wat deene jonken Enseignanten den Astig an de Beruff vereinfacht an hinne méi Zäit gëtt, fir sech ëm déi ze bekëmmere, ëm déi et am Fong geet: ëm d’Kanner. A wie mech kennt, dee weess, dass déi mir ganz besonnesch um Häerz leien.

Dëst gesot, géif ech lech Merci soe fir d’Nolauschteren an och schonn elo den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei bréngen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Merci villmools, Här Baum. Als éischt Riednerin ass déi honorabel Madamm Martine Hansen agedroen. Madamm Hansen, Dir hutt d’Wuert.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci, Här President. Mat dësem Projet de loi gëtt, esou wéi den Här Rapporteur dat gesot huet, de Stage an der Grondschoul, am Secondaire, awer och vum sozioeducative Personal ugepasst. An ech soen dem Rapporteur och elo direkt villmools Merci fir säi komplette Rapport.

E gëtt ugepasst, e gëtt gekierzt: am Secondaire zwee Joer, an der Grondschoul just ee Joer. Deen zweetwichtigste Punkt ass: Et gëtt manner zertifikativ Evaluatioun an der Grondschoul, just nach u sech d’Legislatioun. An am Secondaire ass et nach d’Legislatioun plus eng praktesch Epreuve.

Da ginn an dësem Gesetz verschidde Feeler verbessert. Do muss ech soen: Erëm eemol! An et gëtt e legislative Kader geschaf fir d’Weiderbildung. Dat ass och eng Reaktioun op e weidert Uerteel, wou den Här Minister verluer hat.

Ech hat awer zwou Méiglechkeeten, fir dëst Gesetz unzepaken: Entweder ech wär an all Detail gaangen, an där Detailer gëtt et ganz vill, da wären déi 30 Minutte bal net duergaangen. Oder - ech hu mech fir déi zweet Méiglechkeet entscheet - ech maachen et zimlech kuerz, an dat aus ënnerschiedleche Grënn.

Déi kruzial Fro, déi sech bei dësem Projet de loi stellt, ass u sech emol fir d’Éischt: Wéi eng Ziler gi mat dësem Projet de loi verfollegt? Wann d’Zil eng technesch Upassung un d’Fonction-publiques-Reform ass, da géif ech mengen, wär dat Zil erreecht.

Mä da muss ee sech awer froen: Geet dat duer? Wär net eng wichteg Fro zum Beispill gewiescht: Gëtt de Beruff vum Enseignant heider och méi attraktiv? Dozou géif ech soen: An der Grondschoul géif ech scho menge Jo, well am Prinzip alleguer d’Revendicatiounen vun de Gewerkschafte berücksichtegt gi sinn. A mir begrëssen och hei ausdrécklech déi Kierzung vum Stage fir d’Enseignanten am Fondamental, well dat schonn ausgebildete Pädagoge sinn.

Eng zweet wichteg Fro, déi ee sech hätt kënnen stellen, wär zum Beispill: Kënnen mer mat dëser Reform d’Qualitéit vum Enseignement vläicht verbessern? Dat misst jo u sech ëmmer d’Haaptzil sinn, och d’Haaptzil vun engem Stage sinn. An ech weess net, ob dat Zil net iergendwéi aus den Ae verluer gaangen ass. Ech ka soen: Vläch gëtt et heimadder verbessert, vläch awer och net. Well ech kann et definitiv net soen. Dat Eenzeegt, wat ech ka soen, dat

ass, datt ech lech ka soen, firwat datt ech et net ka soen.

Well déi kruzial Fro, ob sech um Terrain heimadder eppes verbessert, déi konnte mer net behandelen. A firwat konnte mer déi net behandeln? Mä well - ech soen et awer elo nach eng kéier - dës Regierung iwwerhaupt net interesséiert ass, fir mat der Chamber doriwwer ze diskutéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, den 30. Abrëll krute mer een Avant-projet de loi presentéiert. Du war nach kee Gesetz do, mir haten also kee Gesetz virun Aen. Den 3. Juli war du virgesinn, de Projet de loi an d’Kommissioun ze huelen. An de 4. Juli war virgesinn, schonn de Rapport unzuhuelen. Dat war du geännert ginn: Dunn ass de 4. Juli nach eng kéier 20 Minutten doriwwer geschwat ginn.

(Mme Martine Hansen montre des documentations.)

Dat heiten ass d’Gesetz. De Rapporteur huet gesot: „140 Säite Rapport“ ..., oder 150 Säiten. Dat hei ass d’Gesetz. Hei sinn d’Amendement-gouvernementallen, déi mer och den 3. Juli hätte sollen diskutéieren. Dann hei de Conseil d’État. Dann hunn ech nach aner Rapporten net derbäi. An dat an annerhallwer Stonn duergemaaachen, do froen ech lech: Ass dat normal?!

► **Une voix.**- Dat ass eng Katastroph.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- A wa jiddwereen, deen an där Kommissioun war, éierlech ass, da kann en net soen, datt en duerno d’Iwwersicht hat. Hie kann net soen, datt en dovunner iwwerzeegt wär, datt dëst Gesetz gutt wär. An hie kann och net soen, datt en dovunner iwwerzeegt wär, datt an dësem Gesetz keng Feeler méi dra wären. Mir war ee Feeler opgefall. Dunn ass eng kéier e bësse ronderëm sech gekuckt ginn, dunn ass gesot ginn: „Mä et sinn där Feeler nach méi dran. Mir wäerten déi nach redresséieren.“ Dat ass net normal!

An u sech ass de Combrel, datt den 3. Juli, wéi mir an der Kommissioun doriwwer sollte schwätzen, dunn d’Invitatioun schonn erausgaangen ass un d’Stagiairen, fir déi muer ze assermentéieren. Dat heescht, schonn ier d’Deputéiert iwwerhaupt d’Chance haten, richtig iwwert dee Projet de loi ze diskutéieren!

Et ass dem Minister, wann ech dat kann esou interpretéieren, definitiv zimlech „schnurze-gal“, wat d’Chamber seet. An dat ass, et deet mer wierklech leed, et ze soen, erëm eng kéier en Zeeche vun Arroganz. Mir sinn hei keen Unhängsel vun der Regierung. A mir sinn och kee Stëmmvéi.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Datt den Här Meisch an d’Regierung genau dat wëllen an datt d’Majoritéitspartei genau dat matmaachen, beweist awer erëm eng kéier dëse Projet de loi.

Dir Dammen an Dir Hären, ier ech an d’Politik komm sinn, ier ech hei an d’Chamber komm sinn, war ech ëmmer dovunner iwwerzeegt, an ech mengen, datt déi meescht dobaussen dat och sinn, datt déi legislativ Aarbecht, déi hei geleescht gëtt, gutt ass. Wat jo u sech normal wär! Déi Meenung hat definitiv net laang ugehalen.

Dat éischt grousst Gesetz vum Här Minister, d’IFENs-Gesetz, ech mengen, dat war am Juli 2013, ...

(Brouhaha général)

Den Här Meisch huet es elo genuch mat mir.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här President, wou ass d’Regierung?

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Här President, d’Regierung ass net do!

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV).- Et ka jo elo net sinn, datt deen erausgaangen ass!

(Interruptions diverses)

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, ech fannen och, dat do ass kee Respekt hei virun der Chamber!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- En ass elo erëm. Den Här Meisch kënnt. E war duuschte-reg.

(Interruptions diverses)

Also dat éischt grousst Gesetz, ...

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Här Mosar, huet ...

► **Une voix.**- Här Mosar, berouegt lech emol!

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV).- Dat verst mer! Dat verst mer!

(Interruptions)

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Dat éischt grousst Gesetz vum Här Minister, d’IFENs-Gesetz, do ware Feeler dran ...

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Madamm Hansen, Dir hutt d’Wuert a soss keen.

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV).- ... der Madamm Cahen hire Computer esou füttigemaach, Waasser iwwer e geschott!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech hat och schonn do op d’Feeler opmierksam gemaach. An ech hunn och deemools gesot: „Mir wäerten dat Gesetz net stëmmen, well et si bestëmmt nach Feeler dran.“ Du ware jo och nach Feeler dran.

Et ass, wéi gesot, net normal, wéi hei geschafft gëtt! Virun zwou Wochen: Berufsausbildung; dunn hu mer Amendementer gemaach, fir zwee Feeler ze redresséieren. Et ass bewosst vun der Majoritéit gestëmmt gi mat de Feeler!

(Interruption)

An dat u sech wierklech am Beräich vun der Educatioun, wou mer de Schüler, de Studenten anstänneg Preparatiounen offerueren. Ech wënsche mer op d’mannst datselwecht vum Här Minister.

Wësst Der, iergendwann eng kéier ... Et kann een e Fuedem ganz laang zéien, jee nodeem, wéi ee Material datt et ass, kann een e méi oder manner laang zéien, mä iergendwann eng kéier fiert dee beschte Fuedem duerch. A mäi Gedolfsfuedem ass definitiv mam Här Meisch gerass!

Mir wäerten net géint dëse Projet de loi stëmmen, well mer fundamental der Meenung sinn, datt de Stage muss ugepasst ginn, a well och eng Partie gutt Punkten dra sinn.

Mir wäerten de Projet de loi awer net matstëmmen, well mer, an ech zielen lech just fënnf Punkten op: éischstens, net wëssen, ob do duerch um Terrain fir d’Enseignanten, fir eis Schüler, fir d’Qualitéit vum Enseignement wesentlech Besserunge kommen, well mer net doriwwer konnten diskutéieren; zweetens, well mer mat dësem Gesetz Ongerechtegkeeten net aus dem Wee schafen, déi awer do sinn.

An an deem Sënn deposéieren ech och hei eng Motioun, well mer gären hätten, datt d’Ongerechtegkeet vis-à-vis vun de Candidats sursitaires soll behuewe ginn.

Wannechgelieft, Här President!

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant qu’entre 1999 et 2015, plus de 500 personnes ayant réussi le concours, le stage ainsi que l’examen pratique pour devenir professeur de l’enseignement secondaire, n’ont pas effectué de travail de candidature (TC) ;

- considérant que les fonctionnaires disposaient avant le 1^{er} septembre 2016 d’une décharge pendant une période de 18 mois pour élaborer un tel TC ;

- constatant que depuis le 1^{er} septembre 2016, aucun des nouveaux stagiaires n’a plus besoin de se soumettre à l’épreuve du TC ;

- constatant qu’après les modifications des dernières années, les chargés d’enseignement qui avant le 1^{er} septembre 2016, n’avaient pas besoin de passer un concours ou d’effectuer un stage ou les différents examens pratiques, rejoignent à ancienneté égale pratiquement le même traitement que les candidats-professeurs sursitaires ;

- constatant que le projet de loi sous référence vient à nouveau modifier de manière sensible les conditions du stage, de sorte qu’un stagiaire ne devra passer qu’une épreuve pratique ainsi qu’un examen en matière législative ;

- constatant que les enseignants, qui termineront leur formation après l’entrée en vigueur du projet de loi sous référence, pourront bénéficier de tous les avantages déniés aux candidats-professeurs sursitaires au motif que ces derniers connaissaient parfaitement les termes de leur engagement, sauf que ces termes ont changé à plusieurs reprises ces dernières années respectivement ont été considérablement allégés ;

- considérant que cette situation discriminatoire à l’égard des candidats-professeurs sursitaires ne saurait se justifier plus longtemps,

invite le Gouvernement

à présenter au début de la rentrée scolaire 2019-2020 des mesures ayant pour objectif de mettre un terme aux discriminations vis-à-vis des candidats-professeurs sursitaires en prenant en compte les décharges dont ils ont bénéficié pour élaborer le TC sans que celui-ci ait été terminé.

(s.) Martine Hansen, Paul Galles, Georges Mischo, Octavie Modert, Claude Wiseler.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Dës Enseignanten hunn den normale Stage gemaach, hu just kee Memoire geschriwwen, e Memoire, deen een awer elo guer net méi muss schreiben. Dës Enseignanten hunn awer en daitleche Carrièresnodeel.

Mir fuerderen d’Regierung op, fir bis Ufank vum nächste Schouljoer eng Léisung fir dëse Problem op den Dësch ze leeën, an dëst ënner Berücksichtigung vun den Dechargen, déi si kritt haten, fir en TC ze schreiwen, dee se net geschriwwen hunn.

Drëttens: Mir fannen et nach wie vor schlecht, datt d’Stagiairen am Secondaire just an engem Ordre d’enseignement musse Schoul halen. Een, deen am Classique säi Stage gemaach huet, dee gëtt herno an der Berufsausbildung net eens.

Véiertens: Mir wäerten net derfir stëmmen, well mer net sécher sinn, ob dëst net schonns erëm e Gesetz ass mat Feeler. Ech mengen, gëschter huet den Här Bodry gesot: „Mir maa-che ganz dacks eng haseleg Aarbecht.“ Mä mir wëllen als CSV keng haseleg Aarbecht maa-chen!

A fënneftens: well mer net averstane sinn, wéi erëm an dësem Dossier de Geck mat der Chamber gemaach gëtt. De Minister setzt d’Chamber hei viru Fait-accomplien. En Diktat, dat gëtt et vläch nach an der Schoul. Och do gëtt et et net méi ganz dacks. Mä an der Chamber huet dat op jidde Fall näischt verluer. Zumindest d’CSV-Deputéiert sinn hei keng Hampelmänner oder -frae vun der Regierung.

Mir wäerten eis also enthalen. Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Merci villmools, Madamm Hansen. Nächst ageschriwwen Riednerin ass déi honorabel Madamm Tess Burton. Madamm Burton, Dir hutt d’Wuert.

► **Mme Tess Burton** (LSAP).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut fält ville jonken Enseignanten e grouse Stee vum Häerz. Haut stëmme mer eng Rei gesetzlech Annerungen, déi virun allem eent als Zil hunn: deem jonken Enseignant de Start a säi Berufsliewen ze vereinfachen an hien nach besser dobäi ze begleeden.

Och wann déi meescht jonk Enseignanten elo de Stage hanner sech hunn, sou si se awer frou, dass se Gehéier fonnt hunn an hei Nofolger elo net méi déi Strapaze bei hirem Berufssastig op sech mussen huelen.

Dass mir e Gesetz, wat mer virun e puer Joer gestëmmt hunn, erëm op de Leescht huelen, evaluéieren an adaptéieren, schéngt mir en normale Werdegang vun engem Gesetz ze sinn. Émsou besser ass et, wann déi concernéiert Leit och mat dru schaffen, fir d’Gesetz ze verbessern. Dofir all deene jonken Enseignanten, déi de Stage elo hanner sech hunn, Merci fir hir vill konstruktiv Proposen, déi se an der Diskussioun hei materabruecht hunn.

Här President, wa mir eis bei enger Saach heibannen alleguer eens sinn, dann ass et wuel déi, dass mir alleguer fir eis Kanner déi beschte Bildung wëllen hunn. All Kand soll déiselwecht Chancen an der Schoul hunn, fir sech duerch d’Bildung beschtméiglech op seng Zukunft kënnen virzebereeden. A grad eis als LSAP ass et wichtig, dass virun allem och Kanner aus méi schwache Verhältnissen duerch d’Bildung d’Chance hunn, sech eng Zukunft opzebauen.

De Kanner Wësse vermëttelen, dat mécht eist Léierpersonal. A fir dass si dat beschtméiglech maache kënnen, muss de Kader fir si stëmmen. A mir brauche Léierpersonal, dat gutt forméiert, engagéiert a motivéiert ass.

Et ass onëmstridden, a vill international Etüden ënnersträchen dëst: Den Enseignant huet eng Schlësselroll bei der schoulescher Reussite vun de Schüler. Mir wëssen och all, dass Schoul halen haut vill méi vun dem Enseignant erfuerdert, wéi dat nach viru Joren de Fall war. Eis Schüler sinn haut anerer wéi viru Joren. Eis Gesellschaft ass eng aner wéi viru Joren. Villes huet geännert an d’Enseignantë stinn all Dag virun neien Defien.

Dass déi lescht Joren déi jonk Enseignanten och nach Erausforderungen an hirer Formatioun ze bewältegen haten, däärs si mer eis bewosst an hunn dozou och schonn am Mäerz heibannen an enger Aktualitéitsstonn diskutéiert. Mat deem Gesetz, dat mir haut stëmmen, setze mer déi Fuerderungen, déi déi jonk Enseignanten, d’Gewerkschaften a mir heibannen un de Minister geriicht hunn, ëm.

Här President, déi wichtig Roll vum Enseignant war an ass nach ni a Fro gestallt ginn. Dat kann een och nach am IFEN-Gesetz vum 20. Juli 2015 noliesen, wou dat ganz kloer drasteet. Mä dëst Gesetz huet awer wuel iwwer seng Ziler erausgeschoss. Am IFEN-Gesetz ginn nämlech dräi Etappen an der Carrière vum Enseignant definéiert. Déi berufflech Entwécklung



vum Enseignant ass e Prozess, dee sech iwwer säi ganzt Berufsliewen zitt. Déi éischt Etapp ass déi initial Formation, während där den zukünftigen Enseignant d'Basiskenntnisser vu sengem Beruff erléiert. Déi zweet Etapp zeechent sech duerch d'Ausübe vum Beruff um Terrain aus, déi begleet gëtt vun engem Stage. An déi drëtt Etapp an der Entwécklung vum Enseignant ass d'Formation continue, déi dem Enseignant hëlleft, seng Kompetenzen ze perfektionéieren.

2015, wéi de Stage an der Fonction publique fir all Statsbeamte vum zwee op dräi Joer eropgesat ginn ass, hunn och d'Schoulmeeschteren amplaz vun dem Accompagnement, dee bis dohinner virgesi war, e Stage operluecht kritt. Schwätzt een haut mat Leit, déi am Stage sinn oder waren, dann héiert ee vill Kriticken, ouni dass een de Stage u sech a Fro gestallt huet. Eng Begleedung beim Berufsstart ass ganz sënnavoll fir dee jonken Enseignant. Och seng Kompetenzen ze verbessern oder ze verdéiwen ass eng Saach, déi net ze contestéieren ass.

Mä réckbléckend muss een agestoen, dass där spezifischer Situatioun vun den Enseignants-stagiairen net genuch Rechnung gedroe ginn ass a probéiert ginn ass, si an e Kader eranzedrécken, deen hirer spezieller Situatioun net Rechnung gedroen huet. Et war probéiert ginn, d'Stagekonzept vun der Fonction publique och op d'Schoul ze applizéieren.

D'Kritike si ganz ënnerschiddlech vis-à-vis vum Stage. Dëst geet vun ze vill Matière, déi keng reell Plus-value huet, mä wat éischter Widderhuelungen aus dem Studium sinn, iwwert den Zäitopwand am Generelle bis hin zum Manktum un Zäit mat de Kanner an der Schoul oder bis hin zu Kriticken iwwert de Fonctionnement vun IFEN selwer.

D'Stagiaren hunn a verschiddene Länner studéiert. Dofir sinn d'Kompetenzen am Ufank vum Stage och ganz ënnerschiddlech, well déi verschidde Systemer an de verschiddene Länner ënnerschiddlech Schwéierpunkte setzen. An der Belsch ginn aner Schwéierpunkte gesat wéi an der Schwäiz oder op der Uni.lu. Dofir bréngt net all Formation all Enseignant eppes. Dat heescht, déi eng hunn d'Matière scho gesinn, déi aner si frou, dass se déi Formation maache kënnen. Ganz kloer muss et hei méiglech sinn, dass all Enseignant sech déi Formation kann eraussichen, déi him neit Wësse vermëttelt.

Da gouf och den Zäitopwand net wierklech berücksichtegt. Och wann d'Enseignantë fräigestallt goufe fir verschidde Formationen, huet hinnen awer an hirer Fräizäit Zäit gefeelt, fir sech op hir Stonne virzubereeden. Virun allem ass et net gutt, wann op eemol d'Kanner selwer drënner leiden, wann den Enseignant net genuch Zäit huet, fir seng Stonnen ze preparéieren.

D'Verhältnis mam Conseiller pédagogique gouf duerch d'Evaluation gestéiert. Den Enseignant hat net d'Méiglechkeet, e richtegt Vertrauen opzebauen an dem Tuteur seng Schwächen unzevertrauen, well um Enn vun der Relatioun eng Bewäertung stoung.

Och huet de Stage dem Enseignant net a sengem Selbstbewusstsein weidergehollef. No laangem Studium huet de Stagiaire weider sech misse beweisen, andeems hien Aarbechten ofginn huet, op déi hie bewäert ginn ass. An och Stagiaire ze sinn, huet dem jonken Enseignant net an der Relatioun mat den Eltere gehollef. Den Enseignant muss dora bestätegt ginn, dass hien e fäerdeg forméierten Enseignant ass an net nach muss dräi Joer no der Uni weider Formationen maachen, fir eréischt dann e fäerdeg Enseignant ze sinn.

Här President, wéi och scho virdru gesot, sinn déi jonk Enseignanten eigentlech net derfir, de Stage ofzeschaffen. Mir hunn och dofir ganz vill konstruktiv Propose gemaach, wéi een de Stage kéint ëmgestalten, fir dass e sënnavoll wär, hinne keng wichteg Zäit bei der Virbereedung vun hirer Aarbecht um Terrain forthuele géif, a wéi se hiert Wësse perfektionéiere kéinten.

Déi Verännerungen, déi mer haut stëmmen, goufen deemno zesumme mat deene concernéierte Leit ausgeschafft. Zum Beispill ass elo och den IFEN amgaangen, nach weider Coursen auszeschaffen, déi der Nofro vun den Enseignantë gerecht ginn. Ofgesi vun der Legislation, de Rechter vun de Kanner an dem Dateschutz si vill nei Iddien op den Dësch komm, fir nei Formationen unzibidden.

E Beispill, dat mer kierzlech nach vun engem jonken Enseignant zougedroe ginn ass, si Coursen am Émgang mat Kanner an Elteren, déi néideg wäeren, well do oft villes net optimal

leeft. Zum Beispill ass net all Enseignant gutt genuch iwwert d'Servicer an d'Prozedure vum SCAS, dem Service central d'assistance sociale, informéiert. Och d'Centres de compétences kéinte sech a Coursé virstelle kommen an hir Aarbecht den Enseignantë besser erkläre kommen, fir dass déi hir Aarbecht besser den Eltere vermëttelt kréien. Oder et wär och gutt, wann den Enseignant an engem Cours méi Informationen iwwert d'Aarbecht vun der Mediatrice oder den Iwwersetzungssewicer kéint kréien.

Wéi gesot hunn d'Enseignantë selwer och ganz vill Iddien, wéi eng Coursen een um IFEN kéint ubidden, déi si an hirem Alldag bei hirer Aarbecht nach besser begleet kéinten. An dat ass e wichteg Punkt: dass et an Zukunft och e gudden Échange zwëschen dem IFEN an den Enseignantë gëtt.

Eis als LSAP ass et wichteg, dass mir d'Enseignanten esou gutt wéi méiglech bei hirer Aarbecht ënnerstëtzen, well si hunn d'Zukunft vun eise Kanner an der Hand. Dofir ass et wichteg, dass si hir Aarbecht gäre maachen, engagéiert a motivéiert sinn.

A fir hir Aarbecht solle si och deen néidege Respekt vun eis alleguer, vun den Elteren a vun de Kanner kréien. Well déi Etüd, déi kierzlech vum SEW verëffentlecht ginn ass, huet gewisen, dass net jiddereen zefridden ass: 50 % vun de Stagiaren, dat heescht Enseignanten, déi eréischt zwee Joer dobäi sinn, géifen elo schonn de Beruff net nach eng kéier wielen. An dat ass frappant. Dofir muss sech virun allem eppes bei deene jonken Enseignanten änneren. Si musse méi Ennerstëtzung bei hirer Aarbecht kréien.

A mat dese gesetzlechen Ännerungen, déi mer haut hei stëmmen, gi mer e Schratt an déi Richtung, fir déi jonk Enseignanten, déi grad an d'Beruffswelt kommen, besser ze ënnerstëtzen.

Här President, ech wëll elo net op all eenzel Ännerung agoen, dat huet de Rapporteur, de Gilles Baum, scho gemaach, an ech wëll him och dofir Merci soen.

Mir wäerten haut mat deene gesetzlechen Ännerunge Verbesserung virhuelen. De jonken Enseignant kritt elo e Stage sur mesure. De Feeler an der Vergaangenheet war, wéi scho gesot, dass et quasi en einfache Copy-paste vum Stage an der Fonction publique war, deen der Realitéit an de Spezifiséite vum Enseignantsberuff net genuch Rechnung gedroen huet.

Et muss kloer sinn, dass och an Zäite vum Stage d'Aarbecht mat de Kanner am Mëttelpunkt muss stoen. D'Preparation vun de Coursen ass extrem wichteg, fir d'Qualitéit vum Enseignement ze assuréieren. Dofir muss och während der Stagezäit séchergestallt sinn, dass den neien Enseignant genuch Zäit huet, fir seng Coursen ze preparéieren, well engem grad am Ufank vu senger beruflecher Carrière Saachen heiansdo méi laang Zäit huelen, well ee se fir d'éischte kéier mécht.

Déi duebel Belaaschtung vun, op där enger Säit, dem Stage a senger sëllegen Obligationen an, op där anerer Säit, dem Schoulunterrecht ass weder optimal fir d'Virbereedung vun de Coursen nach optimal fir den Enseignant selwer. Dofir soll dës Zäit och reduzéiert ginn.

Mir als LSAP begrëssen dofir ausdrécklech d'Erofsetze vun der Stagezäit an triede weider derfir an, dass de Stage am Fondamental ewéi am Secondaire de Bedierfnesser vun de Stagiaren ugepasst gëtt. De Stage soll keng Schikan, mä eng Hëllef fir de Stagiaire sinn, fir sech a sengem Beruff zurechtzefannen.

Här President, fir eis als LSAP ass et och kloer, dass mir weider müssen derfir suergen, wann eis Gesetzter iwwert d'Zil erausschëssen oder d'Zil net erfëllen, dass mer se upassen. Och an Zukunft muss mer d'Situatioun an eise Schoule ganz genau beobachten an analyséieren an, wann néideg, eis Gesetzter upassen.

Ech si frou, dass mir mat dese gesetzlechen Ännerungen de jonken Enseignant besser a sengem Start begleet kënnen. Fir eis Kanner brauche mer déi beschten Enseignanten. Dofir brauche mir och fir si déi beschte Begleedung.

An domat soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn natierlech den Accord vu menger Fraktioun. Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Burton. Nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Djuna Bernard (déi gréng).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Enseignanten, den neiséilännesche Bildungsfuerscher John Hattie - den Här Baum huet et scho gesot - huet sech a senger weltwäiter Etüd vun 2009 mat den Aflëss op positiv Léier Erfahrung vu Schüler auseneegesat a koom zu enger grondleeënder Konklusioun: Dee gréisste positiven Impakt op d'Léiere vum Schüler huet e

gudden Enseignant. Infrastrukturen, d'Schoulreform oder speziell Léiermethode sinn éischter zweetrangeg am Verglach zum Aflossfacteur, deen e gudde Proff kann hunn.

Ënnert dësem Bléckwénkel solle mer och dese Projet de loi kucken an debattéieren. Wéi kënne mir an eiser struktureller, politescher Aarbecht garantéieren, fir déi beschtméiglech Enseignantë fir eis Kanner a Jugendlecher ze hunn an esou d'Qualitéit vun eiser ëffentlecher Schoul sécherzestellen?

Dësen Usproch hu mir haut an dësem héijen Haus, mä hunn och d'Enseignanten um Terrain. Si schwätzen, mat Recht, vun enger Berufung vill méi wéi vun engem Beruff. E Beruff, deen nach méi usprochsvoll ginn ass, dee mat méi an neien Erausforderungen ze kämpfen huet. An e Beruff, dee vill Energie kascht.

Ech hunn am Virfeld vun dëser Ried no Feedback an Erfahrung vu Stagiaren am Enseignement fondamental a secondaire gefrot a krut iwwerwältigend vill Réckmeldungen. Beim Liese mierkt een eppes virun allem: Do si Leit, déi hire Beruff mat Leidenschaft an Engagement maachen. Si hu vill kritesch Réckmeldungen ginn zu hiren Erfahrungen am Stage, waren awer oft och do nuancéiert, hu Best Practices a positiv Momenter gelueft an ervirgestrach a frustrant Erlebnisse mat net manner Leidenschaft beschriwwen.

Eng Zesummefaassung ze maachen, ass schwéier. D'Erlebnisse sinn individuell. Mä wat se verbënnt, ass d'Kärausso, dass e Stage néideg a wichteg ass an d'Begleedung an d'Ennerstëtzung wellkomm sinn.

Direkt dorunner koppelt sech awer och d'Ausso, dass e soll sënnavoll sinn. Dat bedeit: keng onnéideg Widderhuelungen, administrativ Hürden a keen onnéidegen Drock, fir ze verhënneren, dass sech den Enseignant méi mat de sougenannten „Produktionen“ an aneren Aufgaben auseneesetze muss wéi mat senger Schüler.

► **Une voix.**- Très bien !

► **Mme Djuna Bernard (déi gréng).**- Am Kader vum Accord tëscht der Regierung an der Fonction publique gouf decidéiert, d'Stagedauer am Enseignement ze verkierzen. Dovunner beträff sinn, niift dem Fondamental an dem Secondaire, och dat educatiiv an dat psychosoziaalt Personal vum Stat.

Et gouf awer och vun dëser Ännerung profitéiert, fir un der inhaltlecher Ausrichtung vun de Stagen ze schaffen. Während mer iwwert de Rescht vun der Fonction publique eréischt no der Rentrée diskutéieren, setze mer eis haut mam Enseignement auseneen, fir dass dës Dispositionen fir dat neit Schouljoer kënnen a Kraaft trieden.

Jo, Madamm Hansen, et huet misse schnell goen. An ech hätt mer och gewënscht, ...

(**Interruption**)

... dass mer méi laang hätte kënnen Zäit hunn, fir et an der Kommissioun ze diskutéieren. Et bréngt awer näischt, wa mer wëssen, dass do eng ganz Generatioun vu Stagiaren dovunner beträff ass, wéi eng Decisiounen mir elo huelen, wa mer elo nach eng kéier, zwou, dräi kéiere méi laang driwwer diskutéieren an déi dann drënner leiden an op der Waardebänk setzen. Ech mengen, dass et do wichteg ass, dass mer ...

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Madamm Bernard, erlaabt Dir, datt d'Madamm Hansen lech eng Fro stellt?

(**Brouhaha**)

► **Mme Djuna Bernard (déi gréng).**- ... dass et do wichteg ass, dass mer och emol kënnen effikass a schnell driwwerschaffen, zum Wuel vum Enseignant an zum Wuel och deementsprechend vun de Schüler a Studenten.

Jo, Madamm Hansen.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci. Ech wollt just richtegstellen, datt ech och net wëll, datt dat net virum Summer kënnt. Ech wëll just soen: Sou wéi e Schüler soll och e Minister matzäit ufänken, fir der Chamber Zäit ze ginn, datt se sech ka preparéieren. An déi Zäit krute mer definitiv net, vu datt mer ze spët ugefaangen hunn.

Merci.

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Ech hu keen Afloss op de Kalenner vun der Chamber, wëll ech just soen, Madamm Hansen.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- ... d'Majoritéit, pardon!

► **Mme Djuna Bernard (déi gréng).**- Dëst Gesetz bréngt et esou notament fäerdeg, dass mer niift dem Verkierzen och e méi eenheetlechen a kohärente Stageparcours fir all Beruffer vun der Éducation nationale ubide kënnen. Eenheetlech am Sënn vun openeen ofge-

stëmmt, wa mer de Fondamental an de Lycée kucken, an trotzdem leet dese Projet de loi e grouse Wäert op d'Differenzéierung, wat d'Dauer an d'Ufuerderungen ueget. Dës erlaben et dem Enseignant, op senger bestoenden Erfahrungen, Ausbildungen a Formationen opzebauen. An amplaz vu villen, oft onnéidege Widderhuelungen kann de Stagiaire vu Reduktiounen bis zu engem Joer profitéieren, wann e scho pädagogesch Erfahrungen um Terrain respektiv bei senger Initialausbildung eng pädagogesch Ausbildung erfuer huet.

Dese Spagat, fir en individualiséierte Parcours fir déi jeeweileg Stagen unzibidden, ass eng Erausforderung, déi déi lescht Generationen vu Stagiare konnte spieren. Si all kommen aus ënnerschiddlechen Ausbildungen, vun der Uni.lu, aus der Belsch, aus der Schwäiz, fir am Fondamental e puer Beispiller ze nennen, oder hunn am Beräich vum Secondaire ënnerschiddlech Fachstudien am frankofonen, germanofonen oder anglofone System gemaach, mat méi oder manner Fokus op d'Didaktik.

Dir gesitt, d'Parcoursen an d'Erfahrung sinn esou ënnerschiddlech wéi d'Proffe selwer. A fir si all eng Ausbildung unzibidden, ass eng Erausforderung un den IFEN an hir jeeweileg Begleeder am Stage. Dëser Erausforderung hält sech dës Reform un a probéiert, der allgemenger Tendenz gerecht ze ginn, den Acquis - d'Wëssen, d'Kënnen, d'Verständnis an d'Erfahrung - vun de vergaangene Parcoursen unzëerkennen.

Dës Kritik koom besonnesch vun den Enseignanten aus dem Fondamental, déi mat enger fäerderger Ausbildung, entspreche Stagen an enger Ofschlossaarbecht ausgebildete Pädagoge sinn. Net méi spët wéi am März hu mer bei der Heur d'actualité iwwert de Stage am Fondamental doriwwer geschwat an et huet sech e fraktiounsüwwergräifende Konsens erauskristalliséiert.

Eng Reduktioun vum Stage vun dräi op ee Joer mécht duerchaus Sënn, bleift awer och néideg, fir déi zwee Drëtter vun den Enseignanten, déi hir Studien net zu Lëtzebuerg gemaach hunn, mat deenen anere Studenten op e gemeinsamen Nenner ze bréngen a se mat der Lëtzebuurger Realitéit begleetend a Kontakt ze setzen.

An „begleetend“ ass do d'Stéchwuert. Dat soll näamlech d'Käraufgab gi vun dësem Stage. Deementspriedend ginn d'zertifikativ Momenter ofgebaut, soudass just nach de Legistaturexame bleift. Dese mécht och duerchaus Sënn, well en dem Enseignant seng Rechter a Flichte verdäitlecht an em d'legaalt Handwierksgeschier mat op de Wee gëtt, fir seng Missionen esou gutt et geet ze erfëllen.

Déi aner Begleedung hält d'Form vun enger formativer Bewäertung un, bei där déi perséinlech a pädagogesch Begleedung vun enger Persoun mat méi Beruffserfahrung assuréiert gëtt. Dësen Austausch an de Feedback vun a mat enger Vertrauenspersoun ass wesentlech méi wäertvoll, wéi wann dës Persoun een och nach zousätzlech huet misse bewäerten.

D'Roll vum CP, also dem Conseiller pédagogique, a senger Begleedung gouf vun immens villen Enseignanten an hire Messagen u mech appreciéiert a gelueft. Ech zitieren hei ee vun de Kommentaren an deem Kontext: „Et ass gutt, eng Referenzpersoun ze hunn, déi engem hëlleft an een ënnerstëtzt. Déi Persoun soll als Aide-accompagnatrice oder -accompagnateur gëllen, deen den Enseignant-stagiaire ënnerstëtze kann, em net soe soll, wat en ze maachen huet, mä em op sengem Werdegang hëllef soll an em Conseile soll ginn.“

Eng weider Verbesserung bitt d'Individualiséiere vum Parcours, wat d'Coursen um IFEN ueget. Wéi virdru schonn ugedeit, mécht dëst duerchaus Sënn, well d'Berufsfänger net ëmmer aus deemselwechten universitäre Kontext kommen an och um Terrain, jee no Schoul, aner Besoinen u Weiterbildung hunn. Besonnesch beim Volet vum IFEN koume vill Retouren vun den aktuelle Stagiaren eran. Vill hu sech duerchaus positiv zu de Formationen geäussert, allerdéngs emol Kriticken un der Organisation geäussert.

Ee Beispill illustriert dat besonnesch gutt. Zum Beispill gëtt et Formationen iwwert d'Bilansgesprächer mat den Elteren, déi dann awer no der Chrëschtvakanz stattfonnt hunn, wou all Mënsch seng éischt Experienze schonn domadder gemaach hat. Ech mengen, et gëllt, fir esou frustrant Erlebnisse dann och ze evitéieren an dat notzbar fir d'Stagiaren anzusetzen. An ech sinn iwwerzeegt, dass dat och an Zukunft wäert geschéien.

Begrëssenswäert ass ausserdeem, dass sech d'Stagiaren hir Formationen elo méi individuell kënnen eraussichen. An heizou sot een, vun deene ville Réckmeldungen: „Da kënne mer eis just fir verschidde Formationen umellen, déi mir och am Stage ugerechent kréien.“



Also, hie schwätzt hei vun der aktueller Situation. „Aner Formationen kënnen ganz interessant sinn an eise Besoinen entsprechen, mä mir kréie se net ugerechent. Dat verhënnert da leider, dass vill Enseignants-stagiaires vläicht un deene Formationen deelhuefen, wou se selwer nach Verbesserungspotenzial gesinn.“

Ech mengen, et sinn esou Situatiounen, deene mer mussen entgéintwierken, an dass se nënnebréngend solle si fir den Enseignant an dass se dann och entsprechend unerkannt ginn.

A genau op dës Kritik ass d'Reform agaangen a bitt besonnesch duerch d'Période d'approfondissement zousätzlech Formatiouns-méiglechkeeten. Hei hunn d'Enseignanten awer och e klore Besoin geäussert, wat bis elo feelt. An, Madamm Burton, ech mengen, mir hu mam selwechten Enseignant geschwat, well och hei gouf mir un d'Häerz geluecht, dass et dréms geet, fir besser ze léieren, wéi ee mat Elteren a Kanner aus sozial schwache Milieue kann a Kontakt kommen a mat deenen aneschtens schaffen, fir d'Vernetzungsarbecht mam SCAS a mam SCAP ze féideren, fir d'Centre-de-compétences an déi nei Centres socio-thérapeutiques besser kennenzeléieren, an och d'Médiatioun an den Iwwersetzungssevice sollten hei virgestallt ginn.

An dës Demande erschéngt mer immens pertinent, wëssend, dass mer vill zousätzlech Strukturen an deene leschte Joren derbäi kritt hunn. A mir mussen en immense Wäert drop leeën, dass d'Kommunikatioun an d'Vernetzung tëscht dësen Institutiounen funktionéiert. Soss hu mer e Waasserkapp un administrativem a pädagogeschem Support erstallt, déi vum Terrain net optimal genotzt an an Usproch geholl kënnen ginn.

E weidere Punkt, deen d'Période d'approfondissement ausmécht a vum bisherege Stage iwwerholl gëtt, sinn d'Austauschméiglechkeeten ënnert den Enseignanten an d'Hospitalisations-méiglechkeeten. An all Beruff deet et gutt, sech mat Gläichgesënnten auszutauschen, Erfahrungen ze beschwätzen, ouni sech vis-à-vis vun engem Supérieur hiérarchique mussen ze genéieren, well ee vläicht eng méi „domm“ Fro gestallt huet.

Ech kommen dann elo nach kuerz op den Impakt vun der Reform op de Stage vum Enseignement secondaire. Och hei ännert sech natierlech d'Dauer vum Stage op zwee Joer. Dëst ass net onbedéngt eng grouss Neierung, well et virun 2016 während Jorzéngte schonn de Fall war.

Dat, wat déi fundamental Neierung ass, ass, dass d'zertifikativ Momenter, also do, wou mat enger Nott bewäert gëtt, dass déi wesentlech reduzéiert ginn. Et bleiwen der nach zwee bestoen: de Legislatiounsexamen, deen, wéi beim Fondamental, och seng Legitimitéit huet, an d'praktesch Proufstonn, bei där am Ufank vum zweete Stagejoer d'didaktesch Fäegkeete vum Enseignant gepréift ginn. Dës hu se an hirer Formation spéciale vun 140 Stonnen iwwer formativ Momenter geléiert an ausgebaut.

Här President, ech wëll kuerz allgemeng op dësen neie Fokus vun der formativer Bewäertung agoen. An der didaktescher Fuerschung ass haut unerkannt, dass dës Aart vu Bewäertung heiansdo méi motivéierend ass, well si am Géigesaz zu der zertifikativer de Léierprozess bewäert, während déi zertifikativ Bewäertung just d'Resultat kuckt.

Dës Aart vu Bewäertung ass näischt Neies a mir hu se allegueret schonn als Schüler selwer erlieft an domat ze di gehat. Mä wat nei ass: dass dës Aart vu Bewäertung elo méi e formale Charakter a méi Gewicht an der Ausbildung vun den Enseignanten am Secondaire kritt.

An dann ass natierlech ze hoffen, dass dat och seriö geholl gëtt. Natierlech ass dat och e Léierprozess, fir dës Aart vu Bewäertung richteg anzusetzen an trotz dem Feele vun Examen oder Notten vun de Stagiairen als Outil, fir ze léieren a sech ze verbesseren, ugeholl ze ginn.

Trotz aller Formation a Begleedung ass et awer wichteg, dass nach ëmmer e puer zertifikativ Momenter bäibehale ginn, well schliesslech verfügen d'Berufsfänger am Secondaire, anescht wéi déi am Fondamental, am Prinzip net iwwer pädagogesch oder didaktesch Erfahrungen a Virkenntnisser. An et muss zu engem gewëssene Moment awer séchergestallt ginn, dass si capabel sinn, dës usprochsvoll Aarbecht weider auszeüben.

Wierklech ze begrëssen ass och, dass d'Proufstonn - oder wéi bis elo d'Proufstonnen, déi sougenannt „période probatoire“ - net méi en zentraalt Element an der Ausbildung ass, op dat dee ganze Stage histeiert. Mir wëssen, dass esou eng Proufstonn oft éischter e kënschtleche Charakter huet a guer näischt mat enger Schoulstonn am Berufsalldag ze dinn huet. An der Realitéit muss en Enseignant op Steierungen am Unterricht reagéieren oder d'Progressioun vum Cours punktuell entschleunegen,

well Verständnisproblemer optauchen. De Stage soll den Enseignant op seng Praxis am Alldag vibereeden an net just dorobber preparéieren, dass hien déi Proufstonn iergendwa soll packen.

Mat der Reform kritt déi Proufstonn manner Poids, wéi dat bis elo war, mä si bleift trotzdeem bestoen, well se wichteg ass. Dat gesäit een och elo schonn dorunner, dass d'Proufstonn net méi ganz zum Schluss vum Stage wäert stattfannen.

Besonnesch an der Ausbildung vum Proff ass et d'Erausforderung, fir eng Balance tëscht der Begleedung an der Ausbildung mat Prüfung ze fannen. Den Defi un eis ass et, eng qualitativ héichwärtig pädagogesch a fachlech Ausbildung ze garantéieren, mat Enseignanten, déi den neien Erausforderung vum dësem Zäit gewuess sinn, an trotzdeem keen ze grouss Prüfungsdruck op d'Proffen auszeüben, dass se sech während dem Stage nach ëmmer op hir Schüler kënnen konzentréieren.

Lifelong Learning mécht och virun der Schoul net halt. An dat ass och gutt esou an duerchaus kohärent an deem Sënn, dass den Enseignant während sengem gesamte Parcours eng Formation continue brauch. Mir begrëssen an deem Kontext och, dass dëst Gesetz der Obligatioun déi néideg Base légale gëtt. Mir brauchen nämlech en Enseignement, deen der gesellschaftlecher Entwécklung net hannendruleeft, mä d'Enseignanten an d'Schoule proaktiv mathält. Stéchwuert „Digitaliséierung an iPad-Klassen“, fir just e rezent Beispill aus der Debatte ronderëm d'Digitaliséierung vun der leschter Woch ze nennen.

Nieft dës grundleeëndes Ännerung begrësse mir awer och, dass d'Stageparcours vum den Employéen nach méi deene vun de Fonctionnaires ugeglaach ginn. Hei gouf schonn 2016 wesentlech nogebessert, fir déi zwou Kategorie vun Enseignanten, déi awer um Terrain am Prinzip déiselwecht Aarbecht leeschten, méi no beieenezebréngen. Well si déiselwecht Aarbecht um Terrain maachen, begrësse mer, dass en Employé och zukünftig nach méi e vollwäertig Stage, äänlech wéi dee vum Fonctionnaire, soll maachen. Hir Formation kritt ënnert dem Titel „certificat de formation pédagogique“ eng legal Basis. Fir de Wiessel tëscht de Carrièren ze facilitéieren, ginn d'Passerelle méi einfach gestalt. Esou ass et och fir d'Employéë méi encouragéierend, fir den Examenconcours ze maachen.

Doduerch, dass de sougenannten TC uschlëssend vum Stage ewechfällt, stellt sech natierlech och d'Fro, wéi eng Auswierkung dësen Émstand op déi Proffen huet, déi en hätte misse schreiwen, et awer net gemaach hunn. Hei huet den Här Minister eis an der Kommissioun zougesot, dass sech ëm méiglech Léisunge säitens dem Ministère beméit géif ginn, an dat begrësse mer.

Ech kommen zum Schluss. Ech wëll awer nach ganz kuerz op d'Wichtigkeet fir d'Aarbecht an d'Planungssécherheet um Terrain ze schwätze kommen. Et ass nämlech wichteg, dass d'Konsequenze vun dëser Reform, dat, wat mir haut hei decidéieren, fir all Betraffe kommunizéiert gëtt.

Beträff sinn nämlech net nëmmen d'Enseignant-stagiairen, mä och d'Schoulcomitéen, d'Kommissiounen, d'Enseignanten, d'Formateuren an natierlech d'Stagiair selwer - dass si wëssen, wat déi nei Ännerunge fir d'nächst Schouljoer fir si bedeiten. Si mussen wëssen, wou se dru sinn, wéi se sech opstellen a wat se ze maachen hunn. Hei géllt et, wéi bei villem, wat mer u Gesetzter a Reformen decidéieren: Communication is key.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren, wëll awer net ophalen, ouni dem Rapporteur Gilles Baum e ganz häerzleche Merci ze soe fir säin exzellente schrëftleche wéi mündleche Rapport. An ech ginn heimat den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Bernard. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, nodeem ech mer all déi Rieden hei vun der Regierungsparteien ugehéiert hunn, hunn ech bal e schlecht Gewëssen, fir emol méi kritesch Akzenter an déi Diskussioun eranzebréngen.

(**Brouhaha général**)

Awer vertraut mer, ech iwwerwannen dat schlecht Gewëssen!

(**Hilarité et interruptions**)

Well ech mengen, et ass néideg, dass mer aus dem Detail e bëssen erauskommen an e bësse

méi e Bléck vu méi wäit op déi Entwécklungen hei elo werfen, déi mer gesinn.

Mir sinn als ADR sécher net dergéint, de Stage den Noutwendegkeete vun der Zäit unzepassen. Wat een dorënner versteet, ass vläicht eng aner Saach. Mä wann een elo, wéi hei, higeet an u sech eng Verkierzung vum Stage virhält - an e méi einfach mécht, fir et kloer ze soen -, da muss ee jo och wëssen: Wat ass den Hannergrond?

Ass den Hannergrond e Wahlversprechen? En Accord, deen den 18. Juni 2018 ofgeschloss gouf, e puer Méint virun de Wahlen? A si mer elo hei all rekrutéiert, fir dat eent oder anert Wahlversprechen ëmzesetzen? Do géif ech soen, wéi d'Madamm Hansen et gesot huet: „Duerfir si mir als Parlament eigentlech net do.“ Ass et, fir méi Leit ze motivéieren, fir an den Enseignement anzetrieden, well mer jo Rekrutierungsschwierigkeeten hunn? Ass et, fir Schwierigkeeten ewechzehuelen?

Ech mengen net, dass dat den Hauptproblem ass, firwat d'Leit hautzudaags net méi wëllen Enseignant ginn. Wann hautzudaags Leit Problemer hunn, fir an den Enseignement ze goen, dann ass et, well se net méi genuch Motivatioun opbréngen, well se gesinn, dass d'Schoulen u sech am Niveau permanent ofhuelen, dass hire Beruff eben net méi genuch respektéiert ass an dass esou vill Problemer mat Disziplin an de Schoule sinn, a well se mat all deene Situatiounen vläicht Problemer hunn a keng Loscht méi hunn, an esou e schéine Beruff eranzegeen.

Fréier wor den Enseignant einfach eng respektéiert Perséinlechkeet. Haut ass dat leider net méi ëmmer esou. Haut gëtt säi Beruff, säi Rôle an der Gesellschaft, trotz all deene schéine Wieder, déi mer elo héieren hunn, net méi héich genuch bewäert. An ech mengen, et ass do, wou ee soll usetzen. A wann een do usetzt, da kritt een och erëm méi Leit, fir an dee Beruff ze goen.

Mir hunn hei elo eng Situatioun, déi Onze-friddenheet schafft, an zemoos bei deene Professoren, déi gesinn, dass anerer elo deen Travail de candidature do net méi musse schreiwen, dee si selwer nach gemaach hunn, dass Neier elo direkt den Titel Professer kréien, wou déi aner nach Professeur-candidat waren, bis den Travail de candidature geschriwwen gouf. An dowéinst ënnerstëtze mer och d'Motioun vun der CSV. Ech mengen, mir hunn hei eng Problemsituatioun an déi muss geléist ginn.

Mä wann ech elo hei kucken, wéi déi Gambia-Regierung an deene leschte Joren iwwerhaupt mat der Problematik vum Stage an der Fonction publique ëmgaangen ass, da muss een awer feststellen, dass iwwert déi lescht sechs Joer e groussen Hin an Hier war. Fir d'Éischt ass déi allgemeng Harmoniséierung vun de Stagen am Stat gepriedegt ginn. Duerno ass den IFEN komm. A beim IFEN si scho mat exakt genau darselwechter Floskelsprooch, déi mer haut héieren hunn, déi Reforme justifizéiert ginn, déi deemools agefouert goufen. A schonn deemools ass den Niveau erfogusat ginn. Schonn deemools ass en administrative Waasserkapp geschafe ginn. A schonn deemools ass dat hei schéiergiet ginn. A mat genau deeneselwechte Floskeln, déi mer virun e puer Joer héieren hate bei den IFEN-Debatten, hu mer haut d'Justifikatioun fir déi Reformen héieren, déi eis haut proposéiert ginn.

Mir schwätze laanscht d'Problemer am Enseignement. Mir hale Rieden iwwer zum Beispill eng Upassung un dat Formativt oder eng méi héich Bewäertung vun deem Formativen an eng Limitatioun vun deem Zertifikativen op dat absolutt Néidegt. Ech gleewen dat net!

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ech mengen, dass domadder einfach verbonnen ass, dass mer wëlle soen: „Den Niveau geet permanent erof.“

An ech géif lech nach vläicht eng Iddi ginn, Här Minister: fir och nach dat Zertifikativt bei de Gesetzter ofzeschaffen. Et geet da vläicht duer, wa mer vläicht eng Introduction au droit fir jidderee maachen. A wien da wierklech e Problem huet domadder, dee soll dann e Conseil juridique am Ministère froen, da braucht Der och emol keng Zertifikatioun méi bei de Gesetzter. Da kënn Der déi och nach ofschafen!

Mir hunn hei einfach eng Reduktioun bis op den absolute Minimum vun deem, wat gefuerdert gëtt, an ech froe mech, ob laangfristeg den Enseignement net dorënner méi leit, wéi sech elo eventuell Avantagen ze erhoffen, dass deen een oder deen anere sech méi motivéiert fillt, fir an esou e Beruff eranzegeen.

Mir hunn och an dem Stage am Lycée dee groussen Nodeel, dass de Stage nëmmen nach an engem Ordre d'enseignement muss ge-

maach ginn, dem Classique oder dem Technique, an net méi an deenen zwee. Dat ass sécher keng gutt Entwécklung, well mer eben d'Flexibilitéit am Corps doduerch reduzéieren.

An da kommen ech op dee Punkt, deen och d'Madamm Hansen opgeworf huet, an et ass och dee Punkt, wou ech och soen: „Et geet einfach net méi!“ Dat ass deen, wou mer gesinn, wéi hei d'Chamber behandelt gëtt. Mir haten d'Beispill dës Woch. Mir haten d'Beispill, wou mer erausgaange sinn als Oppositioun am Kontext vun der Diskussioun ëm d'Fichiere bei der Police a bei der Justiz, wou mer gesot hunn: „Et geet duer!“

Mir haten hei och als ADR viru Kuerzem opbruecht, dass mer net méi dermat d'accord sinn, dass déi verfassungsméisseg Dispositiounen vun dëser Regierung net respektéiert ginn, dass eben alles muss iwwer Gesetz geregelt ginn an dass Accorden, international Accorde mussen an der Chamber ratifizéiert ginn. Och do hu mer gesot: „Dat geet net méi!“

Mir haten et beim Chineseschunterricht, wou de Minister awer elo gesot huet, e mécht eng Base légale.

Awer mir kënnen net akzeptéieren, dass an zwou Chamberssitzungen e Gesetz hei vun 150 Säite soll duerchgepeitscht ginn. An ech wëll och soen: Ech kann och net akzeptéieren, wéi d'Madamm Bernard et elo probéiert huet, fir ze soen, mir géifen, wa mir dergéint protestéieren, d'Stagiairen als Geisel huelen, well mir eis praktesch duerch eisen Aarbechtsrhythmus oder duerch dee Seriö, dee mer wëllen der Diskussioun widmen, géife schëlleg maachen, wann da Leit net kéinte matzäit vereedegt ginn. Eng Vereedegung, déi fir muer ugesot ass, well d'Invitatiounen schonn eraus si fir d'Vereedegung vu muer, nach ier d'Gesetz hei gestëmmt wor!

Alles dat si Prozeduren, déi mir net akzeptéieren als ADR. Mir hätte gär, dass d'Parlament respektéiert gëtt. Mir hätte gär, dass den Enseignement am Niveau eropgeet, well et geet ëm d'Zukunft vun eisem Land, well mer iwwert d'Zukunft vun de Kanner schwätzen. An ech mengen, mir géifen alleguer eis wonneren, wa mer géifen erakucken an d'Praxis, wéi déi Ausbildung haut ausgesäit.

Ech wëll ophale mat engem Lien, deen ech maachen op eng Diskussioun, déi mer viru Kuerzem haten an der Kommissioun vun der Fonction publique. Do ass den Här Hansen komm, den zoustännige Minister, an huet eis gesot, wéi elo den Enseignement fir d'Beamten am Institut national d'administration publique leeft.

Do geet et vill ëm Gesetzter, well mir hätte jo gär, dass eis Beamten, déi d'Gesetzter mussen applizéieren, déi am Fond kennen. Mä mir hunn als Deputéiert geléiert, oder op jidde Fall ech hu geléiert an ech wor verwonnert: Et gëtt keng Ex-cathedra-Unterrechtsforme méi am INAP. Et gëtt nëmmen nach: spilleresch entdecken!

(**Interruption**)

An da stellen ech mer dann d'Fro: Wann dat schonn an enger Beamteschoul op déi Manéier geregelt gëtt, wéi gesäit dann den Unterricht, och deen zertifikativen, hei am Stage aus? Wat léieren déi Leit wierklech nach iwwert déi Gesetzter, déi herno dee ganzen Enseignement solle steieren?

An engem Wuert: Mir vertrauen deenen Entwécklungen an der Education nationale net. Mir sinn net géint eng Reform vum Stage, mä fir eng Reform vum Stage, déi aus de Besoinen vum Enseignement eraus geduecht ass, fir en Enseignement vun enger héijer Qualitéit ze garantéieren. A mir mengen net, dass dat, wat eis hei proposéiert ginn ass, déi Konditiounen erfüllt!

A virun allem, Här Minister: Mir wäerte warscheinlech nach véier Joer eis méi dacks gesinn. Mä an deene véier Joer hoffen ech wierklech, dass mer kënnen virun der nächster Wahl op engem Punkt sinn, wou ee ka soen: An deene fënnef Joer, déi mer dann zesummen hei verbruecht hunn, hutt Dir vläicht geléiert, d'Parlament ze respektéieren!

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kartheiser. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Säit der Aféierung vum Stage fir d'Enseignanten am Fondamental an am Secon-



daire goufen eng Rei Hürden opgebaut, déi de Beruff vum Enseignant natierlech manner beléift gemaach hunn. Vill vun den Ufuerderungen un d'Enseignanten am Kader vum Stage si vun de Gewerkschaften an de betroffenen Enseignant-Stagiairen als onnéideg Strapazen empfongt ginn.

Gläichzäiteg hu mer eng Panoplie Reformen, d'administrativ Charge vun den Enseignanten ass geklommen an d'Konkurrenz tëscht de verschiddene Kategorië vu pädagogeschem Personal gouf agefouert. Ausserdeem koom et dann och am Dezember 2016 zu engem Accord tëscht der CGFP an der Regierung, deem ënner anerem den 80-80-90-Prinzip fir d'Stagiairen an der Fonction publique agefouert huet. Domat gouf den Enseignants-stagiaires natierlech kee Gefale gemaach an de Beruff vum Enseignant nach e Stéck méi onbeléift.

D'Ausmooss dovun konnt ee schlisslech un der frappanter Penurie u Léierpersonal gesinn, déi bei der Rentrée 2017 fir vill Onrou gesuergt huet. Iwwerhaupt gouf an deene leschten zwee Joer vill rumouert ënnert den Enseignanten an den zukünftigen Enseignanten.

Wat d'Faass dann zum Iwwerlaffe bruecht huet, wor déi Saach mat de Quereinsteiger. Firwat effektiv sech no véier Joer Uni nach mat dräi Joer Stage krepéieren, wa quasi all méigleche Bachelorstudent direkt kann an de Stage goen an ee Joer vu senger Ausbildung gewannen, a fréizäiteg ee Joer Pai?

Dat als Solutioun fir d'Penurie am Enseignement duerzestellen, war e ganz schlechten Zuch.

Am Januar 2019 koom et am Casino syndical zu Bouneweg zu enger gréisserer Mobiliséierung vun den Enseignanten. Zu 250 hu si sech nach eemol mat hire Fuerderungen un de Bildungsminister adresséiert. Et ass ëm eng grondsätzlech Reform vum Stage gaangen, wat esou vill heescht wéi eng Unerkennung vun der Kompetenz vun den Enseignants-stagiaires, déi se sech an hire véier Joer Ausbildung ugéegent hunn, den Erlooss vu sëllege Formationsstellen an onnéidege Coursen um IFEN, d'Erliichterung vun den Epreuve-écrites, notament dem Memoire an dem Portfolio, a schlussendlech eng individuell pädagogesch Betreiung an Ennerstëtzung während dem Stage, fir dass de Stage och tatsächlech de Stagiaire ausbildet an an de Beruff aféiert.

De 14. März 2019 ass finalement eppes Aussergewöhnlech geschitt: De Bildungsminister huet fir d'éischte Kéier de Fuerderung vun dem Schoulpersonal an de Gewerkschaften noginn an ass säin éischte Kompromëss an der Affär vum Stage agaangen. Nach ier eng Debatte an der Chamber op Ufro vun eis zustane konnt kommen, hat de Minister schonn iwwerall ugekënnegt, dass elo schnell d'Reform vum Stage ëmgesat kéint ginn. Mir haten eis och an deem Kontext e bëssen iwwert deem Timing opgereegt. Mä bon, et geet jo ëm d'Saach.

Voilà. An doriwwer stëmmen mir haut elo of. A mir wäerten och an deem Sënn matstëmmen, mat Jo. Mir kënnen awer och d'Enthalung vun de Kollege vun der CSV novollzéien, well eng Partie Froen nach ongekläert bleiwen. Mä ëmmerhin ass deem heite Projet de loi och d'Resultat vum Engagement vun den Enseignanten a vun hire Gewerkschaften.

Op d'Enseignants-stagiaires aus dem Fondamental an dem Secondaire wäerten ab September 2019 eng Partie Ännerungen duerkommen, déi hinnen d'Liewen am Prinzip misse méi einfach maachen. D'ailleurs stellt sech och d'Fro vun enger Transitionphas, op déi ech duerno wäert kuerz ze schwätze kommen. An ech sinn an deem Sënn jo och net deem Éischten, deem dat haut mécht.

Wat ännert sech mat deem Gesetz un der Organisation vum Stage? Allgemeng gëtt de Stage fir jiddereen ëm ee Joer reduzéiert, mat der Méiglechkeet, fir spezifesch Fäll de Stage op ee Joer ze reduzéieren. Domat verschwënnt dee Privileeg, deem d'Quereinsteiger par rapport zu de Stagiairen aus den Erziehungswissenschaften haten.

De Stage gëtt och endlech sengem essenziellen Zweck gerecht: d'Ausbildung an d'Begleitung vum Stagiaire an de Beruff vum Enseignant. Well do war jo och dee Problem mam Tuteur, dee begleet an duerno och nach muss entscheeden, wat fir schlecht Blut gesuergt huet.

Während der Stagezäit gëtt gekuckt, dass d'Formationen, notament um IFEN, och kohärent si mat de Besoine vun den Enseignanten an hirem berufflechen Alldag.

Eng Période d'approfondissement am éischten Joer Enseignement. Um IFEN kënnen sech d'En-

seignant-Stagiairen hir Modullen eraussichen, déi all méi spezifesch op d'Berufsausbildung zougeschlaft sinn. D'Formationsstonne sinn och ëm d'Halschent reduzéiert ginn. De Memoire gouf gestrich. An allgemeng ginn d'Epreuve méi praktesch ausgerichtet, fir pädagogesch an didaktesch Kompetenzen opbauen. Dat léisst den Enseignant Plaz fir ze ootmen a sech op hir Aarbecht an der Klass ze konzentréieren. Dat éischt Joer no senger Nomination kritt den Enseignant dann Ennerstëtzung vun engem Conseiller pédagogique.

Ech kommen elo net op all déi nei Elementer ze schwätzen, déi allgemeng zu enger Verbesserung vun der Perspektive fir de Beruff vum Enseignant kéinte bäidroen; Elementer wéi de Certificat de formation pédagogique fir d'Enseignanten aus dem Secondaire, déi net ënnert de Fonctionnairesregime falen, mä domadder awer eng equivalent qualitativ Ausbildung kënnen nohuelen an och vun enger Reduktioun vum Stage kënnen profitéieren.

Här President, ech hätt, no all deem seelene Luef, awer e puer Bedenken auszedecken, well ech mer jo awer Gedanke maachen doriwwer, wéi all dës Remaniement bis September ouni Hoken iwwert d'Bün solle goen. Ech mengen, déi Suerg deele mer hei all. Ass eng Transitionphas virgesinn? Oder wéi funktionéiert déi?

Well de Problem ass jo och, dass d'Dispositione vum Gesetz 7418 nach net ugepasst sinn, déi virun allem den Accord salarial an d'Remuneration vun den Enseignants-stagiaires betreffen.

En Deel vun dësen Dispositione gouf jo am Gesetz, dat mer haut stëmmen, iwwerholl. Mä d'Fro bleift awer op, wéi déi aner Dispositione solle retroaktiv wirken an ob et bei der Rentrée net zu Inkohärenze komme kéint.

Eng aner Fro, wat de Memoire ugeet: Wat bedeit dat elo konkret? Well mir haten nach ëmmer Schwierigkeeten, eis dat elo virzestellen. Wat bedeit dat fir déi, déi grad dës Joer hire Memoire ofschléissen? Wéi gëtt dat hinnen ugerechent? Oder: Mussen déi, déi grad an der Redaktioun sinn, de Memoire fäerdegschreien?

Här President, wéi gesot, dës Gesetz bréngt eng Rei Ännerungen mat sech, déi sech hoffentlech positiv auswirken wäerten op d'Wuelbefanne vun den Enseignanten an hirem Beruff an esou och op d'Éducation nationale.

A well ech d'Gefill hunn, dass dat heiten ni zustane komm wier ouni kollektivt Engagement vun den Enseignanten an d'Resistenz an Insistance vun de Gewerkschaften an der politescher Opposition, géif ech awer meng Intervention domadder ofschléissen, dass ee sech weiderhin, jiddereen ... Et ass eng Aart Appell, mä ech mengen, dat brauche mer an der Tëschenzäit net ze maachen, well d'Gewerkschaften an deem Beräich sinn elo awer méi combatif wéi soss, fir weiderhi sech ze engagieren - fir déi, déi et nach net gemaach hunn - fir eng sozial Schoul, fir eng besser Verdeelung vum Léierpersonal, fir eng Reduktioun vun onnéizten administrativen Tachen, fir multipädagogesch Equippen an de Klasesäll, fir dass den Enseignant och net ëmmer eleng gelooss gëtt an der Klass, an esou weider an esou virun. Et gëtt nach villes ze maachen.

Mir si fest dovunner iwwerzeegt, dass weider positiv Reforme méiglech sinn. Mä déi sinn nëmme méiglech mat den Enseignanten zesummen, mat hire Gewerkschaften zesummen. Well d'Erfahrung huet bewisen, dass een dat dem Ministère net kann eleng iwwerloossen.

An ëmmerhi beweist dës Projet de loi, trotz villen Imperfektionen a Fragezeichen, dass Engagement sech och awer loune kann.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Wagner. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn d'Gefill, nodeem ech virdrun am Bummelzuch souz, wéi mer en Text vun 2013 transposéiert hunn, datt mer elo am Schnellzuch setzen a mer nach net emol wëssen, ob mer domadder elo wierklech an déi richteg Richtung fieren oder ob mer vläicht an déi falsch Richtung fieren.

Falls Leit geschloft hunn, dann hoffen ech, datt se elo waakreg sinn.

(*Brouhaha*)

► **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Sou!

Ech stellen e puer fundamental Froen bei deem heiten Text an ech schlësse mech do der Madamm Hansen un. Ech fannen et zumindest schlechte Goût vis-à-vis vun der Chamber, wann ech haut de Moie schonn an der Zeitung liese konnt, wat de Mëtteg géif ofgestëmmt ginn.

Et war näamlech keng Analys vum Text, wat haut diskutéiert gëtt, et war schonn de Constat mat Zitāt vum Rapporteur iwwer wéi dësen Text tatsächlech gestëmmt géif ginn. Ech weess, datt eng Majoritéit eng Majoritéit ass, an datt do d'Probabilitéit grouss ass, datt et gestëmmt gëtt.

► **M. Eugène Berger (*DP*).**- De Groupe technique war derma d'accord an der Conférence des Présidents, fir dat ze maachen.

(*Interruptions*)

► **M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.**- Kritik un de Lëtzebuerger Medien!

► **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Fir wat ze maachen, wannechgelift, Här Berger?

► **Une voix.**- ... op den Orde du jour ze huelen.

► **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Also, ganz éierlech, ech fannen et schlechte Stil vis-à-vis vum Plenum, deem nach ëmmer d'ganz Chamber representéiert, ...

(*Interruption*)

... fir hei einfach am Virfeld hinzugeen a schonn ze maachen, wéi wann et Gesetz wär.

(*Interruption*)

Dat Zweet ass d'Invitation fir d'Vereedegung, ier iwwerhaupt de Punkt hei diskutéiert gouf. Erëm esou e klengen Non-respect. Mä déi kleng Non-respecten addéiere sech dann awer no an no beieneen. A wouzou dat laangfristeg féiert, dat hu mer virgëschter jo dunn och kënnen erliewen.

En plus ass déi Invitation fir d'Vereedegung näamlech fir verschidde Stagiaire guer net praktesch, well se sech elo hu missen an hire Gebaier ersetze loosse, fir op hir eege Vereedegung ze kommen, well um véier Auer hält d'Schoul nun emol érischt op. A wéi soll een da schonn op enger Vereedegung sinn?

(*Interruptions*)

Soit!

► **M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.**- Um fënneg Auer ass d'Vereedegung!

► **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Dat sinn elo éischter formal Punkten. Wa mer awer iwwert d'Gesetz schwätzen, an net nëmmen iwwer wéi mam Gesetz ëmgaange gouf, da falen e puer Saachen op. Ech sot et schonn: Et huet een d'Gefill, am Schnellzuch ze setzen. Mir hunn den Depot vun deem Text den 3. Mee kritt an elo schonn den 11. Juli gëtt ofgestëmmt.

Do dertëscht huet d'Kommission eng Herkulesaarbecht gemaach, fir iwwerhaupt zu engem Punkt ze kommen, wou de Conseil d'État, net méi spët wéi - wann een dann de Chamberscourrier kuckt - haut, reell op den 9. Juli datéiert, gesot huet, datt en averstanen ass, fir d'Erreur-matérielen ze behiemen.

Ech hu virdrun nach um System vun der Chamber gekuckt, mir stëmmen grad of iwwer en Text, wou déi lescht Pièce dozou am Portail nach net disponibel ass! Och dat ass erëm esou ee Gehetz, wat sech duerch dee ganze Projet zitt.

Et gesäit een näamlech um Text, datt d'Auteuren net propper geschafft hunn, wann ee gesäit, datt an der Version coordonnée op eemol Artikelen optauchen, wou et keen Amendement dozou gëtt, wann een op där anerer Säit gesäit, datt Begrëffer onpräzis benotzt goufen an datt deelweis souguer - an do kommen ech op déi Erreur-matérielen ze schwätzen, déi mer dann nach in extremis verbessert hunn!, tatsächlech och nach Artikel verwieselt goufen.

Heiansdo, ech hunn et virdru gesot, heiansdo deet et gutt wann een e bësse méi séier ass wéi sechs Joer, fir en Text ze maachen. Et géif awer vläicht heiansdo och guttgoen, wa mer eis méi wéi zwee Méint géife ginn, ...

► **M. Alex Bodry (*LSAP*).**- Dir sidd ni zefridden!

► **M. Sven Clement (*Piraten*).**- ... fir en Text ze maachen.

Dir wësst, Här Di Bartolomeo, fir mech zefridden ze ...

(*Interruption et hilarité*)

Ooh, Här Bodry!!

(*Interruptions et coups de cloche de la présidence*)

Et ass deem nämechten Eck an ...

(*Brouhaha et interruptions diverses*)

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Wannechgelift!

► **M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*).**- Passt op, geschwéiget et iwwert d'Plank!

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Den Här Clement huet d'Wuert an net den Här Di Bartolomeo!

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Merci, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*).**- Här President, wann Dir dat sot, dann ass dat esou!

► **M. André Bauler (*DP*).**- Fuert emol weider, Här Clement!

► **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Da kommen ech awer och nach op de Punkt vum finanziellen Impakt ze schwätzen. An zwar: An der Fiche financière gëtt erwänt, datt d'Halschent vun de Formateuren ongeféier 600 Kilometer an der Moyenne Route mussen maachen, fir d'Formation ze halen. Do derniewent kënnt dann natierlech e Stanneloun, deem ass absolut justifiéiert, plus dann en Hotel an zwee lesse. Do stellt ee sech d'Fro: Mir investéiere Milliounen a Milliounen an eis Uni - eng Uni, déi eis Enseignant soll virbereeden, fir hire Beruff auszeüben. Da verstinn ech net, wissou mer, wa mer schonn hei déi Uni hunn, et net fäerdegbréngen, déi Formateure vun der Uni Lëtzebuerg ze rekrutéieren an esou zumindest e klengen Deel vun deene Käschen anzespieren, wou mer Formateure 600 Kilometer fieren dinn, fir dann hei eng Formation ze halen.

Do derniewent feelen an der Fiche financière d'Déchargé fir d'Coordinateurs de stage. Dat ass en Avis, deem d'Chambre des fonctionnaires ofginn huet. An ech mengen, deem kann ech mech ralléieren. Wa mer eng Fiche financière maachen, sollte mer do esou konkret an esou genee wéi méiglech sinn. Och dat vläicht en Oubli, well sech e bësse gehetzt gouf.

Ech kéint elo nach ganz vill doriwwer soen, datt dësen Text handwierklech wierklech schluddereg ass. Ech mengen, dat gouf gesot vun de Kolleegen op der rieter Säit vu mir; d'Kolleegen op der lénger Säit hu sech - erfahrungsgeméis - op d'Schëller geklappt a gesot, alles wär gutt.

Ech mengen, deem Text hei ass ze mitigéiert, fir deem den Aval haut ze ginn an dofir wäerte mir eis enthalten.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Clement.

► **M. Marc Goergen (*Piraten*).**- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- An elo huet d'Regierung d'Wuert, den Här Educationsmi-

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e grouse Merci un all déi, déi sech un der Debatte de Mëtten hei bedeelegt hunn, virun allem dem Rapporteur, dem Gilles Baum. E grouse Merci och fir déi ganz Rei vu konstruktive Bättrig, zum Deel kritesche Bättrig, awer ganz konstruktiv. Mir sinn do an engem Prozess dran. De Stage, dee mer iwwerholl hu vun der Universitéit am Secondaire, deem, dee mer nei geschafen hunn am Fondamental, gouf scho méi wéi eng Kéier evaluéiert. Eng Rei vun Adaptatiounen goufe gemaach, och gesetzlech Adaptatiounen, inhaltlech Adaptatiounen. An ech denken, datt dee Prozess och muss weidergoen. Ech soen och ganz bewosst de Kollege vun deene Lénke Merci fir deem „seelene Luef“, wéi se dat genannt hunn, fir dës Projet de loi. Dat kënnt effektiv net all Dag vir.

D'CSV huet - leider, muss ech soen - decidéiert, dës Gesetz net matzestëmmen. Enner anerem begrënt se dat domadder, si géif net wëssen, ob et hei zu qualitative Verbesserungen géif kommen.

Ech wëll, Här President, der just e puer opzelen, déi awer dättelech qualitativ Verbesserungen duerstelle fir de Beruffsstig vun den zukünftigen Enseignanten. Mir sinn eis alleguerten eens eigentlech - bal alleguerten; ech mengen, den Här Kartheiser huet do eng aner Vue -, datt e Beruffsstig, eng Begleitung vun neien Enseignant ouni Drock, ouni d'Angscht, herno nach eng Kéier ecartéiert mussen oder kënnen ze ginn, datt een domat eigentlech och fir d'Konzentratioun op dat Wesentlech de Kapp fräi huet, op näamlech inhaltlech Froen, op dat, wat ee léiert am Stage, op déi Beruffspraxis, déi ee sech op anere Plazen a vun erfuerenen Enseignant kënn a soll ofkucken.

Ass et net och eng qualitativ Verbesserung, wa mer hei déi gesetzlech Basis schafe fir déi 16 Stonne Formation continue, déi mer obligatoresch definitiv an eist Gesetz schreiwen? Ass et net eng dättelech qualitativ Verbesserung, datt mer och de Stagiairen am Enseignement secondaire, déi bis elo eigentlech, soe mer emol vereinfacht, e ganz kleng Stage haten, datt mer deenen am Volume, am Inhalt a vun de



Methoden hier deeslechte comparabele Stage wéi hire Kollegen, déi Fonctionnaire wëlle ginn, ubidden, en och obligatoresch maachen, wëssend, datt mer Joergäng hunn, wou mer méi Chargéen am Secondaire rekrutéiere wéi mer Fonctionnaire rekrutéieren, an datt mer automatesch och deene Chargéen, déi an deem dote Stage dra sinn, d'Bréck kënne bauen eriwwer herno an de Fonctionnairesstatut?

Ech denken, datt dat just dräi Beispiller sinn, wéi mer dach dättelech hei an deem Gesetz d'Chance notzen, fir och zu qualitative Verbesserungen ze kommen, wëssend, datt dat net direkt den Ausschlag, d'Initialzündung war, mä datt et d'Decision an den Accord vun der leschter Regierung mat der CGFP waren, fir systematesch d'Stagezäit vun dräi op zwee Joer ze verkierzen.

De Stage vun dräi Joer ass jo och net eng Erfindung gewiescht vun der leschter Regierung, wéilt ech soen. Dat ass eng vun der Regierung virdru gewiescht: Näämlech, fir an deem Kontext d'Ufanksgehälter kënnen déi éischt dräi Joer erofzesetzen, ass e generaliséierte Stage vun dräi Joer iwwerhaupt eréischt agefouert ginn.

Eenzelner, déi de Mëtteg hei dach déi heftegst Kritik geäussert hunn, schéngen dat nu wierklech total vergiess ze hunn. Notamment ass déi Iddi jo ganz kloer bei der CSV gebuer gewiescht. Si stoung bei hinnen am ...

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Dat hu mer hei net kritiséiert!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Si stoung bei der CSV am Wahlprogramm. Si ass vun der CSV-Regierung op de Wee bruecht ginn. An haut gëtt dat dann awer alles op eemol esou schlecht fonnt.

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- D'CSV-Regierung. An d'LSAP? Et vergësst een dat ëmmer!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Jo, Här President, déi Matière, dat Gesetz, all déi eenzel Dispositionen, déi mer och hei hu misse festhalen, déi si komplex, dat ass wouer. An dat ass eigentlech net de Wëlle vun der Regierung, datt mer Texter maache wéi deen doten, déi kaum lieserlech sinn. An duerfir wëll ech nach eng Kéier en Appell maachen, sech wierklech ze iwwerleeën, ob de jëtzege Verfassungsartikel, dee festhält, datt alles, wat d'Education ubelaangt, och iwwer Gesetz muss geregelt ginn - net nëmmen d'Contenuen, mä och d'Manéier, wéi déi Contenuen dann an de Schoulen transposéiert ginn -, ob dat wierklech nach zäitgeméis ass.

Well soulaang mer deen Artikel hunn an eiser Constitution, wäerte mer ëmmer där doter Gesetzer hunn. Dat war de Fall beim éischten IFENs-Gesetz 2015 an dat schléit sech och nach eng Kéier ganz kloer hei nidd. Dat ass net gutt fir d'Lieserlechkeet vum Text a sécherlech vereinfacht et och net duerno d'Schaffen domadder.

Wat den Timing ubelaangt: Ech mengen emol, datt mer eis allegueren eens sinn, datt dat Gesetz soll de September 2019 a Kraaft treden. Duerfir sinn ech frou, datt mer virum Summer nach hei kënnen zur Ofstëmmung kommen.

Eppes anescht, Här President, war ni meng Demande. Dat huet net dës Woch misse sinn. Dat hätt net d'nächst Woch misse sinn. Dat hätt net an zwou Woche misse sinn. Mir hätten eis ganz gutt kënnen Zäit ginn, falls dat da wierklech gewünscht gewiescht wär, fir deen Text do an der Kommission nach eng Kéier méi am Fong ze kucken.

Ech weess, datt mer e puermol driwwer rieds haben. Ech weess, datt en Artikel fir Artikel mam Avis vum Conseil d'État gekuckt ginn ass. Ech weess och, datt déi lescht Sëtzung an der Kommission herno keng Fro méi op war an offensichtlech net de Besoin ugemellt gouf, fir nach weider doriwwer kënnen ze diskutéieren.

An da wëll ech nach eng Kéier kloerstellen: Et ass net d'Regierung, déi de Kalenner vun der Chamber mécht. Dat ass d'Chamber selwer. Déi eenzeg Demande, déi d'Regierung hei gestallt huet, dat war just, fir datt den Text virum Summer nach sollt gestëmmt ginn.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Meisch, d'Madamm Hansen wëllt lech eng Fro stellen.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech wéisst gären, wéi mer dann nach hätte kënnen déi nächst Woch Sëtzunge maachen, wann den Här Minister schonn, ier mer déi éischt Kéier driwwer geschwat hunn, d'Invitationen erausgeschéckt huet, fir d'Stagiairen ze vereedegen. Dat heescht, hien hat guer net wëlles, ganz laang mat eis ze diskutéieren.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Neen.

Da wär déi Vereedegung verréckelt ginn, Madamm Hansen. Dat wär evident!

(Brouhaha et interruptions)

Dat wär evident. Ech hätt jo net kënnen eng Vereedegung maachen, ouni datt en Text gestëmmt gi wär.

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV).- Maja, maja. Grad eben!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Dann hätte mer eis do sécherlech eng aner missen afale loosse.

Ech wëll nach eng Kéier präziséieren hei - an ech loosse mer dat doten hei net an de Mond leeën! -: Ech war Demandeur, wéi ganz vill aner, just fir datt deen Text virum Summer gestëmmt gëtt. Net haut, den 11. Juli!

(Interruption par Mme Martine Hansen)

Dat ass anzwousch anescht decidéiert ginn, wou Dir, Madamm Hansen, mat um Dësch souzt! Näämlech an der Conférence des Présidents ass deen Ordre du jour hei gemaach ginn, ...

(Interruptions)

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Also an der Conférence ... Dat ass awer schonn net schlecht.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- ... net am Regierungsrot.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Dat do ass net schlecht!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Net am Regierungsrot! Da muss ee vläicht ...

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Jo. Mir wäerten dann elo och ...

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- ... dann och de Courage hunn, ...

(Interruption)

... zu där Decisioun, déi ee matgedroen huet, hei op dësem Pult dann och nach kënnen ze stoen, an net der Regierung dat dote wëllen dohinnerleeën!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Wéini ass den Text dann deposéiert ginn?!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Ma ech kommen nach dozou, wéini den Text deposéiert gouf.

(Interruption)

Mir hunn deen Text hei, oder d'Prinzipien, déi mer an deem Text hei diskutéieren, déi hu mer an enker Concertatioun mat ganz villen Akteuren diskutéiert. Ech mengen, Dir hutt Verständnis derfir, datt mer dat net virun, mengen ech, dem 4. Dezember 2018 gemaach hunn, well do hate mer eng Regierung, déi eigentlech nach just „faisant fonction“ war. Mir hunn dat ab deem Moment gemaach, wou mer eng nei Regierung haben, wéi déi am Amt war.

Ech hunn am Dezember en éischte Kontakt gehat mat all den Enseignantsgewerkschaften, wou mer iwwer ganz viles geschwat hunn, d'ailleurs och iwwer en éischten Echange iwwer eng Adaptatioun vum Stagegesetz.

Mir hunn eis selwer als Ministère, an duerno als Regierung, missen iwwerleeunge maachen, wéi mer dee voluminöse Pak hei géife strécken, well et ass jo net nëmmen, datt mer elo gesot hunn: „Mir ginn elo vun der Durée vun dräi op zwee Joer zréck“, neen, mir hunn hei ganz vill eenzel Aspekter och consideréiert, déi dann och zur Komplexitéit vum Text bäigedroen hunn.

Mir hunn am Januar an am Februar en intensiven Echange gehat mat den Enseignantsgewerkschaften, mat fënnf verschiddeenen Enseignantsgewerkschaften, Eenzelgesprächen, an net nëmmen eent, mat eenzelnen zwee- oder dräimol. Mir hunn de Collège des directeurs souwuel am Enseignement fondamental wéi och am Enseignement secondaire gesinn, de Bureau vum Collège oder dee ganze Collège, net nëmmen eemol, mä och méi oft. An et versteet sech vum selwen, datt dat näischt ass, wat een an engem Nomëtteg mécht, wann ee gären e breede Konsens hätt, dee mer hei no deem Dialog dann och erreecht hunn.

Mir hunn dat, wat dann do festgehalé gouf a prinzipieller Form, an en Text misse géissen. En Text - jo, en ass komplex! -, deen een net iwwer Nuecht schreift. A mir hunn deen Text missen ofkläre mat de Kollege vun dem Ministère vun der Fonction publique, well dat jo effektiv anenee sollt gräfen.

Ech war selwer mat engem Avant-projet de loi an der Chamberskommission am Mäerz vun dësem Joer, am Mäerz 2019, wou mer eng éischte Kéier en Echange haben iwwert deen heiten Text. En ass am Conseil de Gouvernement festgehalé ginn. En ass bei de Conseil d'État gaangen. De Conseil d'État huet - jo! - och schnell misse schaffen. An en huet glécklecherweis schnell geschafft an en huet eng ganz gutt an eng ganz konstruktiv Aarbecht gemaach. An deen Avis hu mer jo an de leschte Wochen hei kënnen analyséieren a mir konnten, oder Dir konnt als Chamber den definitiven Text dozou festhalen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Meisch, d'Madamm Hansen wëllt nach eng Kéier ...

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Majo selbstverständlech!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech wëll nach eng Präzisioun zur Conférence des Présidents soen: Virum zirka dräi Wochen, ...

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Dat ass awer keng Fro, oder?

(Brouhaha)

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Mä, Dir hutt awer mir dann eppes an de Mond geluecht ...

(Brouhaha)

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV).- ... perséinlech ugeschwat gi virdrun.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- ... du war u sech gesot ginn: „Dee Projet kënnt wahrscheinlech ni méi, de Conseil d'État huet nach keen Avis ginn.“ Déi Woch duerno ass gesot ginn: „De Projet de loi kënnt.“ A wann Der d'Kollege vun der Majoritéit, déi deemools do waren, frot, da kënnen déi lech just bestätegen, datt ech gesot hunn, dat wär keng Aart a Weis, fir esou ze schaffen. Well wann dee kéim, dann hätte mer héchstens eng, zwou Sitzungen, fir driwwer ze schwätzen.

Also kënnt Der net soen, ech wär an der Conférence des Présidents glécklech an zefridde gewiescht, fir dat matzestëmmen. Also, ech sinn do leider och nëmmen an der Minoritéit. An do muss ech u sech den Ordre du jour esou unhuelen, wéi en do proposéiert gëtt.

Merci!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Ech denken, datt jidderee versteet, Här President, datt net d'Regierung den Ordre du jour vun der Chamber mécht, datt dee Reproche, deen also hei par rapport zu der Regierung geäussert gouf, ...

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV).- Dir hutt awer d'Madamm Hansen attackéiert. Dir hutt d'Madamm Hansen attackéiert!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- ... absolutt net haltbar ass!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Sot zu Ärem Här Minister, deen lech do vertritt, hie soll elo roueg sinn!

(Interruption)

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Ech sinn awer immens ... Här President!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Et ass elo um Här Meisch!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Ech sinn awer immens dankbar fir déi „Netfro“ do, déi Fro, déi Der jo net gestallt hutt. Well et weist nach eng Kéier, datt, wa mer zu deem doten Zäitpunkt ... An ech hu jo elo erkläert, wat de Werdegang war vun deem heiten Text, vun der Regierungsbildung, vun der Consultatioun iwwert d'Redaktioun vum Text, iwwert dee parlamentaresche Wee duerno, an do gesinn ech net, datt mer vill hätte kënnen aspueeren.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Den 2. Mee hätte mer kënnen ufänken!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Ma, loosst Der mech dann ...? Loosst Der mech da vläicht emol eng Kéier awer ausschwätzen, Madamm Hansen?!

(Exclamations)

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Do gesinn ech net, wéi mer vill hätte kënnen Zäit aspueeren. Wann een da mengt, et hätt een nach missen an der Kommission méi laang

doriwwer schwätzen, nach eng Kéier: Ech wär d'nächst Woch, déi iwwernächst Woch an och duerno disponibel gewiescht, fir dat ze maachen!

Mä: Wann een dat dann net mécht an deen Text do net wëllt nach virum Summer stëmmen, da stelle sech awer fir déi 1.340 Stagiairen, déi an deenen eenzelnen Ordres d'enseignement, an deenen eenzelne Statuten elo vun deene Mesures transitoires, déi am Gesetzentext definéiert sinn, fir déi stelle sech dann awer ganz grouss Froen. Déi wëssen dann näämlech net, ob se d'nächst Joer nach am Stage sinn oder ob se schonn nominéiert sinn. Déi wëssen nach net, ob se nach e Memoire musse schreiwen d'nächst Joer oder net. Déi wëssen net, ob se dann iwwerhaupt nach ...

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Dat do ass scho licht ..., definitiv licht Erpressung!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- ... ob se dann iwwerhaupt nach ...

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Wa mer am Mee ugefaangen hätten, hätte mer zwee Méint méi Zäit gehat!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Här President, et ass wierklech schwéier, hei e geuerdnete Gedanke kënnen ...

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Jo. Ma ech loosse ...

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- ... ze faassen, wann hei ...

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Mir sinn ...

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- ... jidderee permanent kann dertëschentschwätzen!

(Interruption par la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Elo geet et duer!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Mir sinn hei an der Chamber ...

(Hilarité et interruptions)

Mir sinn hei an der Chamber ...

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV).- Hie mengt nach ëmmer, hie wär de President.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- ... an net an der Schoul! An ech ginn elo dem Här Meisch d'Wuert!

(Brouhaha)

► **M. Sven Clement** (Piraten).- Wien ass hei de President?!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Voilà! Ech wëll hei ...

(Interruptions et hilarité)

... just nach eng Kéier soen ...

(Brouhaha)

Ech wëll hei just nach eng Kéier soen, datt ech frou sinn, datt deen Text haut hei gestëmmt gëtt, datt mer e laang virdru mat gesellschaftlechen Akteuren diskutéiert hunn an datt och genuch Zäit war, oder d'Chamber sech offensichtlech genuch Zäit geholl huet, fir en an der Chamber ze diskutéieren. An datt mer Klorheet hu fir d'Rentrée an notamment och fir déi 1.340 Leit, déi direkt dervunnen wäerte beträff sinn. A fir all déi, déi déi nächst Joren nach wäerten nokommen, ob se Enseignant am Fondamental wäerte sinn, am Secondaire, ob se e sozioeducative Beruff wäerten ausüben an iergendenger vun eisen anere Strukturen vun der Éducation nationale wäerte schaffen.

Well en dréit och derzou bäi, Dir Dammen an Dir Hären, datt, jo, den Enseignant an och déi sozioeducativ Professionell aus de Schoule gutt an de Beruff wäerten erakommen. Datt se hir Motivatioun kënnen behalen, déi se eigentlech haben, fir dee Beruff do ze wien, wat eigentlech eng Motivatioun war, fir e Stéck vu sech selwer mat un eng nächst Generatioun kënnen weiderzeginn, an datt déi net verluer geet an deenen éischte Joren, wou se mat der Realitéit um Terrain dann och konfrontéiert sinn. Datt se dat kënnen genéissen, eigentlech, wat den Enseignantsberuff ausmécht, näämlech formidable jonk Charaktere kënnen kennenzelieren an och ze gesinn, wéi aus Kanner, aus jonke Leit herno staark Erwuessener kënnen ginn, an ze wëssen, datt si hire Bäitrag dozou gelescht hunn. Dat wäert och dëst Gesetz ënnerstëtzen.

Villmools Merci.



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel :

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Educationnsminister Claude Meisch. D'Diskus-sioun ass domat ofgeschloss.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7440 et dispense du second vote constitutionnel

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7440. Den Text steet am Document parlementaire 7440⁵.

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséin-lech Stëmmen. Duerno de Vote par pro-curation. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 32 Jo-Stëmmen, bei 4 Nee-Stëmmen an 23 Abstentionen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7440 est adopté par 33 voix pour, 4 voix contre et 23 abstentions.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Mars Di Bartolomeo), Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da kéime mer zur Diskussioun respektiv zur Ofstëmmung vun der Motioun, déi vun der Madamm Hansen deposéiert ginn ass. Den Educationnsminister Claude Meisch huet d'Wuert.

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President. Ech wëll Merci soe fir déi Motioun hei an ech proposéieren der Chamber, datt mer déi unhuelen, ...

► **Une voix.**- Merci!

(Brouhaha)

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- ... well

et ass genau dat quasi am Wuertlaut, wat ech an der Kommissioun, wou mer doriwwer diskutéiert hunn a wou d'Madamm Hansen déi Fro gestallt huet, gesot hunn, wat d'Demarche wär, déi d'Regierung an deem doten Dossier wëllt huelen. An ech sinn eigentlech frou, datt Der mir absolutt keng Marge de manœuvre gitt, fir de Gewerkschaften do ze vill entgéint-zekommen.

Villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Educationnsminister.

Kënne mer do à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Wien ass mat dëser Motioun averstanen?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dës Motioun ass bei 2 Abstentionen ugeholl.

(La motion 1 de Mme Martine Hansen est adoptée à main levée avec les abstentions de la sensibilité politique déi Lénk.)

5. Motion de M. Fernand Kartheiser relative à l'élaboration d'une réglementation introduisant la surveillance des vestiaires, lors des cours de gymnastique et de piscine

Mir kommen elo zur Motioun vum Här Fernand Kartheiser iwwert d'Modalitéite vun der Surveillance an de Vestiaires. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert als Auteur vun dëser Motioun.

(Motion déposée en séance publique n° 30 du 2 juillet 2019 - à consulter au compte rendu n° 12/2018-2019 en page 374)

Exposé

► **M. Fernand Kartheiser (ADR), auteur.**- Jo, Här President, ech mengen, dat kënne mer relativ kuerz machen, well ech hat d'Motioun hei scho presentéiert. Ech géif just virschloen, datt mer se an d'Kommissioun vun der Éducation nationale verweisen, fir datt jidderee sech kann dermat familiariséieren an och den Här Minister a seng Servicer kënnen eng Meenung derzou hunn.

Mäin Appell wär just, wa mer eng Motioun hunn a wann d'Chamber dermat d'accord wär, fir déi an d'Kommissioun ze verweisen, datt mer dat net verwiessele mat engem méi konservatoreschen Akt an engem spéideren archéologesche Sënn, ...

(Hilarité)

... mä datt mer wierklech dann och dermat schaffen. An ech wär frou, wann de President vun der Educationnskommissioun dat da géif op den Ordre du jour vun eiser nächster éischter Sitzung da vun där Kommissioun setzen.

Dat gesot, wär ech frou, wann d'Chamber kéint mat dëser Proposition d'accord sinn.

Villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. Den Educationnsminister Claude Meisch wannechgelift.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Dat ass

dann eng seele Convergence de vue tëscht dem Här Kartheiser a mir!

Ech fannen, datt mer dee Sujet do effektiv kënne besser diskutéieren an der Kommissioun. An dann ass dem Auteur vun der Motioun fräigestallt, et herno nach eng Kéier heihin-nerzebréngen oder net.

Et gëtt sécherlech eng Rei vun Informatiounen, déi mer dozou kënne ginn. Mir hunn eis och eng Meenung zur Motioun gemaach. Mä ech denken, datt mer en Echange éischter sollten hunn, ier mer doriwwer géifen ofstëmmen.

Villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Meisch.

Wien d'accord ass, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, deem hieft d'Hand an d'Luucht.

(Assentiment)

Dat ass eestëmmeg. Dann ass dat esou decidéiert.

(La motion de M. Fernand Kartheiser est renvoyée à la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.)

6. 7455 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative au Bureau, au Secrétaire général et à la Commission du Règlement

Deen nächste Punkt ass den Änderungs-vorschlag zum Chambersreglement 7455, dee Suppleanten am Bureau aféiert, verschidden Dispositiounen iwwert de Secrétaire général aféiert an d'Zesummesetzung vun der Reglements-kommissioun definéiert. D'Riedezäit ass nom Basismodell opgedeelt. An de Rapporteur vun dësem Reglements-vorschlag, den honorabelen Här Roy Reding, ass scho prett.

Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Règlement

► **M. Roy Reding (ADR), rapporteur.**- Merci, Här President. No deene rare Momenter vu grousssem Konsens hunn ech dann elo d'Freed an d'Eier, dee leschte Projet vun dëser Chamberssessioun ze presentéieren.

D'Kollege Martine Hansen, Josée Lorsché, Alex Bodry, Eugène Berger a Fernand Etgen hunn dës Proposition agereecht. Mir hunn als Reglements-kommissioun dës Proposition den 3. Juli diskutéiert an de 4. Juli de Rapport unanime ugeholl. Et geet hei ëm dräi Ännerungen:

Éischtens, de Bureau. Bis elo konnt ee Member vum Bureau sech net remplacéiere loossen. Mat dëser Ännerung kënne bis zu néng Suppleanté genannt ginn. Dobäi muss e Suppleant darselwechter Fraktioun oder deem-selwecht Grupp ugehéiere wéi dee Member, deem e remplacéiert.

Zweetens, eise Secrétaire général. Eist Haus huet eng positiv Tradition vu Remplacement anticipatif, wa Leit, déi wichteg Positiounen besetzen, signaléieren, datt si sech wëlle professionell veränneren oder awer hir Pensioun wëlen huelen.

Elo kann eise Bureau esou e Recrutement anticipatif och fir d'Positioun vum Secrétaire général decidéieren. An der Iwwergangsphas kann elo de Secrétaire général während sengem Reschtcongé seng Remuneration a säin Titel behalen a säin Nofolger awer seng Aufgaben iwwerhuelen.

Drëttens, wéi mir d'Zuel vun de Membere vun de parlamentaresche Kommissiounen op 15 eropgesat hunn, gouf d'Reglements-kommissioun, déi speziell reglementéiert ass, vergiess. Deen Oubli reparéiere mer.

Dës Proposition gouf am eestëmmeg Konsens vun alle Parteien ugeholl. An deemno bréngen ech da selbstverständlech och d'Zoustëmmung vum Grupp vun der ADR.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Reding. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden ageschriwwen.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden (CSV).**- Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur Merci fir säi schrëftelechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, et ass alles gesot ginn.

D'CSV stëmmt där Proposition de modification zou.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gloden. An da wier et um honorabelen Här Eugène Berger.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Ech wëllt och dem Rapporteur Merci soen, deem hei e kuerzen, mä ganz ausféierleche Rapport gemaach huet. Ech mengen, deem ass eigentlech guer näischt méi bäizefügen, duerfir Merci.

An ech ginn och am Numm vun der DP-Fraktioun den Accord dozou.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Berger. An da wier et um honorabelen Här Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Jo, Här President, vun eiser Säit och Merci fir dem Rapporteur seng Aarbecht. Mir hunn déi Proposition fir d'Ofännerung vum Reglement mat ënnerschriwwen, well mer mengen, dass déi eenzel Punkte berechtigt sinn.

Ech wëll nach eng Kéier soen, fir dass dat net falsch dobausse verstane gëtt, dass mer hei eng Maximalzuel vu Suppleanté fixéiert hu fir de Bureau. Et ass awer ënner eis kloer, dass dat sech soll op ee pro Groupe politique oder pro Sensibilité politique beschränken. Dat soll also ëmmer och déiselwecht Persoun sinn, déi remplacéiert, fir eng Kontinuitéit och an den Aarbechten ze garantéieren. An déi Suppleanten, déi gëllen haaptsächlech fir de Fall, wou eben eng Bureau-sitzung ofzehalen ass, wou Decisiounen musse geholl ginn. Hei geet et net ëm representativ Fonctiounen no baussen. Do sinn et déi effektiv Membere vum Bureau, déi eleng zielen. Dat wollt ech nach eng Kéier kloerstellen.

Dat gesot, wäert eis Fraktioun dann och deem Text do stëmmen.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Bodry. An dann nach datselwecht am Gréng vum der Madamm Josée Lorsché.

(Hilarité)

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Merci, Här President. Dir hutt menger Ried virgegraff. Datselwecht am Gréngen, dat stëmmt. Mir schléissen eis deem un. Mir fannen déi dräi Modifikatiounen natierlech ganz sënnvoll. Dat gesot, wëllt ech och dem Här Roy Reding Merci soe fir säi knappen, mä gudde Rapport.

An domat gi mer den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Lorsché. An dann den honorabelen Här Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Et sinn effektiv dräi Modifikatiounen. Zwou vun deenen dräi Modifikatiounen stëmme mer natierlech ganz gären zou. Dat ass engersäits d'Reglements-kommissioun, déi och op 15 Membere an d'Luucht gesat gëtt, respektiv d'Méiglechekeet, datt de Generalsekretär seng Pensions-rechter ka wouerhuelen a gläichzäiteng eng Transition-phas do ass, fir deem Iwwergang ze garantéieren.

Woufir mir - ouni Begeeschterung op jidde Fall - eis Zoustëmmung eventuell ginn, dat ass déi ganz Geschicht ronderëm de Bureau, well de Bureau representéiert an eisen Aen nach ëmmer net - am Géigesaz zu deenen anere Kommissiounen - déi pluralistesche Villfalt vun der Chamber, wat dozou féiert, datt d'Sensibilité-politiquen zum Beispill net Member vun der Chamber (veuillez lire: net Member vum Bureau) sinn an duerfir och net kënnen, zumindest steet dat am Rapport, e Suppleant stellen. Fir dat awer vläicht e bëssen ze korrigéieren, wat den Här Bodry virdrun a sengem vläicht „wishfull thinking“, deem ech och ënnerstëtze géif, gesot huet.

Mir hunn näischt dergéint, datt elo Suppleanté genannt ginn, stellen awer nach weiderhi fest, datt de Bureau net d'Pluralitéit vun de politesche Parteien hei an der Chamber vertritt.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement agedroen.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Deem heiten ass u sech näischt méi bäizefügen, dofir kann ech just den Accord vun de Piraten duerfir markéieren.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert den Änderungs-vorschlag zum Chambersreglement 7455. Den Text steet am Document parlementaire 7455¹.

Vote sur l'ensemble de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 7455

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséin-lech Stëmmen. Duerno de Vote par pro-curation. De Vott ass heimat ofgeschloss. Dësen Änderungs-vorschlag vum Chambersreglement ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.